

virstellen, dass ee beispillsweis an de Commissions spéciales géing aféieren, dass déi Leit, déi dohin-ner kommen, ënner Eed aussoen, fir sécher ze stellen, dass se éisch- tens emol kommen, an zweetens dass se och zu deem, wat se aus- soen, musse stoen a wëssen, dass hannendrun och Sanctioun sinn, wa se dat net maachen. Mä dass mir eis wëllen umoossen, an enger ganzer Rei Affäre quasi virzegoe wéi e Juge d'instruction, do fillen ech mech total iwwerfuert als Politiker, fillen ech mech net a men- gem Rôle, fillen ech mech net à l'ai- se, an ech muss soen, déi ganz Démarche, déi mer an der Com- mission d'enquête haten, huet mech au plus haut point gestéiert, well mer net d'Reflexer hunn, net d'Erfahrung hu vun deene Leit, déi esou Instruktioun maachen, also vun engem Juge d'instruction, mä domat iwwerfuert sinn an eis solle beschränken op reng admini- strativ a politesch Froen, an net wéi an dësem Fall, wou mer per- manent, an dat huet den Débat jo gewisen, ëmmer erëm am penalen Dossier waren, ëmmer erëm op de Plate-bandë vun der Justiz, dass mer dat solle si loossen. Also: D'Commission d'enquête erop- schrauwen a se nëmme fir grouss Saachen huelen, an d'Commission spéciale eventuell mat der Méig- lechkeet, dass d'Leit musse kom- men an ënner Eed mussen aus- soen.

Dat sinn déi puer Remarken, déi ech aus menger Siicht an aus der Erfahrung vun deem, wat ech an där Commission d'enquête mat er- lieft hunn, wollt un lech bréngen, mä fir de Rescht huet d'Madame Delvaux eis Stellungnahm zu deem méi spezifesche Fall hei gesot. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, d'Regie- rung huet de Rapport vun der Commission d'enquête zur Kennt- nis geholl mat senge Konklusiou- nen, deene majoritären an deene minoritairé Konklusiounen. Mir wäerten doraus eis Konklusiounen zéien, falls et noutwendeg ass der doraus ze zéien.

Ech wollt der Chamber soen, dass ech ausdrécklech wéilt dee Fon- ctionnaire, deen 1990 déi Enquête administrative huet misse maa- chen, hei a Schutz huelen. Deen héije Fonctionnaire konnt näischt anescht maachen - well e keng aner Pouvoiren hat -, wéi dat wat erauskomm ass. A wann dat Resul- tat deemools esou war, da war et och, well dee Beamte keng aner Pouvoiren hat, fir seng Enquête ze maachen. An et koun jo duerno eng Enquête vun der Justiz, déi zu deene Konklusioun gefouert huet, déi virun e puer Méint d'Gericht an dëser Affär geholl huet, Enquête, déi wierklech weder fir de Lëtze- buerger Stat nach fir d'Lëtzebu- ger Fonction publique eng Stär- stonn ass, well dat, wat do geschitt ass, hätt net dierfte virkommen.

Här President, ech wollt ganz kuerz Stellung huelen zu deenen zwou Motiounen. Déi éischt Motioun, déi eng optimal Collaboration intermi- nistérielle vun der Regierung ver- laangt, do wéll ech soen, dass an dëser Regierung, déi zënter dem 7. August 1999 am Amt ass, d'Col- laboration interministérielle excel- lent funktionéiert. D'Resultat vun där Zesummenaarbecht huet jo och dës Chamber kritt an huet sech, wat dësen Dossier ugeet, an enger ganzer Rei vu Gesetzter arti- kuléiert. Ech wéll nodrécklech soen, dass d'Kollaboratioun, sou- wuel mat mengem Kolleeg dem Aarbechtsminister wéi och mat mengem Kolleeg Fernand Boden, zoustänneg Minister vun de Classes moyennes, excellent ass, an dass mer zesumme versicht hunn an dësem schwierigen Dos- sier Neel mat Käpp ze maachen.

Ech si mer bewosst, dass een ëm- mer erëm muss deen Dossier no- kucken, dass een ëmmer erëm eenzel Situatiounen muss nokucken, dass Entreprises, déi haut an der Rei sinn, muer vläicht net méi an der Rei sinn, an dass een also muss e permanente Suivi maa- chen, a mir maachen deen och.

Ech ka mech awer net där Proposi- tioun ralliéieren, fir en Observatoire national des transports routiers ze instituéieren. Mir hunn net esou vill Beamten, fir dat alles ze maachen. Ech wéll awer d'Chamber drop op- mierksam maachen, dass mer all Joer e Rapport d'activités ofginn, an dass an deem Rapport d'activi- tés och iwwert den Dossier vun de Lizenze bericht gëtt, och vun de CEMT-Lizenzen. An do kann een et nach méi komplizéiert maachen, well et gëtt och nach CEMT-A- Lizenze fir Éisträich. Selbst- verständlech stinn den Transport- minister a seng Beamten der Chamber an där zoustänneger Kommission zur Verfügung, fir eng Analyse détaillée vun deem ze maachen, wat an deem leschte Joer gemaach ginn ass. Dofir géif ech d'Chamber bieten d'Motioun 1 ofzelehnen.

Wat d'Motioun 2 ugeet, Här Presi- dent, esou wéll ech aus menger Er- fahrung vu knapp véier Joer an der Regierung soen, dass d'Institution vu „politesche Beamten“ vis-à-vis vun administrative Beamten eis Problemer net léisst, dass ee just wéi et an anere Länner, zum Bei- pill an der Belsch de Fall ass, en Elefantekierfecht herno huet, wou een net méi weess, wou een déi eenzel Leit, déi vläicht just dee Mo- ment net an der Gnod si vun deem Minister, net d'Vertrauen hu vun engem Minister, soll hiparken, oder wat ee mat deene soll maachen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg Fon- ctionnairen, déi no beschestem Wë- sen a Gewëssen a mat ganz vill Asaz hir Aarbecht maachen an deene verschiddene Ministèreen. Mir sollen deene Vertraue schen- ken. Wa sech ee Problem stellt, da si mer jo och Maans genuch, fir deen ze léisen.

Mir hunn d'Institution vun Conseiller de Gouvernement. Deen ass net an engem Ministère, dee ka vum Premier an een anere Mi- nistère oder an eng Verwaltung, wann et muss sinn, transferéiert ginn. Ech mengen also och, dass mer déi politesch Beamten net brauchen, well do droe mer nëm- men zu enger zousätzlecher Politi- séierung vun eiser Verwaltung bäi. Wann ee wéllt an esou eng Rich- tung goen, muss ee sech iwwer- leeën, ob een net eng Regierung e bësse méi grouss mécht, mat Statssekretären, fir sech d'Aar- becht ze erlichteren. Ganz beson- nesch denken ech do un déi Aar- becht, déi op eis an deenen nächs- te Joren nach verstärkt um europäesche Plang zoukënn, wou et wichteg wär, dass een zu méi als Regierungsmembere Lëtzebuerg am Ausland kéint verrieden.

Mä ech mengen net, dass dës Pro- positionen eis Problemer géif léisen, dofir géif ech och der Chamber suggérieren, déi zweet Motioun ofzelehnen.

M. le Président.- Den Här Bausch freet nach d'Wuert.

Motions

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt just kuerz Stellung huelen zu de- nen zwou Motiounen.

Wat déi éischt ugeet, sinn ech awer der Meenung, dass een déi muss oprechterhalen, well ech einfach och weess, wéi et an der Politik funktionéiert, datt wann een net eppes wéi dat heite gewës- sermoossen institutionaliséiert, no- deem, wat jo awer hei geschitt ass, et ass jo net eppes Klenges hei passéiert, da riskéiere mer ier- gendwann awer erëm dat Ganzt aus den Aen ze verléieren. Mir wësse jo awer, dass an deenen nächste Joren nach vill muss geän-

nert ginn op deenen eenzelnen Ni- veau vun der Gesetzgebung an och vun de Kontrollmechanismen. Dofir géing ech et wichteg fannen, dass awer esou eppes installéiert gëtt.

Ech mengen elo net, dass deen Observatoire e groussen Apparat soll ginn. Dat ass sécherlech net noutwendeg. Ech mengen, dass dat misst méiglech sinn ze maache mat deene Leit, déi haut an de Mi- nistère sinn.

Zu der zweeter Motioun wéll ech just dem Här Grethen soen, dass et ebe just grad net dozou kënn, dass de Ministère nach méi verpo- litiséiert gëtt, wa mer dat heite géinge maachen, well nämlech am leschten Tiret genau dat steet, wat ech menge wat awer zum Deel haut de Problem ass a wat ee misst évitéieren, nämlech dass déi, déi Conseillere si vum Minister, dass déi och Uweisungsbefugnisser an der Administratioun hunn. A genau déi Trennung, fannen ech, misst ee kréien. Dofir steet och am leschten Tiret «à ne pas conférer aux membres des cabinets ministériels des pouvoirs décisionnels à carac- tère administratif».

An zum Elefantekierfecht wéll ech dem Här Grethen soen: En ass vläicht haut e bësse méi opge- deelt, en ass an alle Ministèreen e bësse verdeelt, mä dee gëtt et och haut. Ech mengen net, dass mer esou eng wesentlech aner Situa- tioun hunn. Dat eenzegt wat ass, et ass manner kloer. Ech fannen, wann een esou e Kadergesetz wéi dat heite géing maachen, wou ee méi eng kloer Opdeelung géing kréien, da géing den Elefantekier- fecht net méi grouss gi wéi en haut ass, mä mir hätten awer méi kloer Verhältnisser.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech soen och nach gären eppes zu de Mo- tiounen.

Bei der éischter Motioun muss ech soen, dass mir mam Dispositif kéinten d'accord sinn, also mat deem, wouzou d'Regierung opge- fuert gëtt. Ech muss allerdéngs soen, dass mir eng ganz aner Aschätzung hunn, net nëmmen an den Nuancen, wéi dat déi gréng Kolleegen hunn, vun deem wat se virdru festgestallt hunn. Dir verstitt, dass wa mer eis och mam Disposi- tif kënnen d'accord erklären, mer eis net kënnen d'accord erklä- re mat deene Konklusiounen, déi Dir fir lech zitt an déi Dir hei an eng Motioun eraschreift. Dofir, bei der éischter, do wäerte mer eis ent- halen, well mir mam Dispositif d'ac- cord sinn, mä ech soen lech direkt: Mat Ärér éischter Analys si mer net d'accord!

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, hunn ech, mengen ech, kloer gesot a wat fir eng Richtung mir bereet si matzegoen, sou dass mer dat hei- ten och net wäerte stëmmen. Fir- wat? Well Dir ëmmer erëm den Ak- zent leet op e Cabinet ministériel an op de Fait, dass do eng poli- tesch Aarbecht soll geleescht ginn.

Ech si guer net där Meenung. Ech nennen dat net noutgedrongen eng politesch Aarbecht. Ech soe just einfach, dass et eng Rei Conseillere gëtt, a mir haten elo vi- ru kuerzem nach de Fall mam Fonds du Kirchberg, wou ee gesot huet: Kuck, hei wär et dach méi einfach gewiescht, dass wou d'Mi- nisteren eppes virgeluecht krute fir ze ënnerschreien, dass se déi Froe gestallt hätten, déi mir gestallt hunn, ier se d'Ënnerschreift drënner gemaach hunn. Si hätten dann dee Conseiller, dee just niewent hinne stung an dee sot: „Ennerschreift dat doten!“, kënnen froen: „Hues du dat doten alles gekuckt? Stoung dat doten an de Procès-verbalen?”

Ass do eng normal Prozedur ge- wiescht?“ An dann hätt dee Fon- ctionnaire gesot: „Dat ass an der Rei, dat kënnen mer esou maa- chen“.

Et ass dee Genre vu Conseiller, deen ech mir virstellen, wou ee muss Vertrauen hunn, mä deen awer net muer den Administratiou- ne soll Saache soen an dee fir mech net noutgedronge muss e politesche Beamte sinn. Dat kënn masseg Beamte sinn, déi sief et an der Administratioun als solch oder Conseiller de Gouvernement haut scho sinn, déi et och muer kéinte sinn an déi iwwerhaupt keng poli- tesch Parteikaart fir mech mussen hunn. Déi musse just mäi Vertraue genéissen, an dofir wéll ech net déi Iddi vum Cabinet ministériel dra stoen hunn.

Mir hunn un engem Beispill kloer gewisen, wéi mir gesinn, dass deen et misst maachen, deen déi Aarbecht huet. Ech mengen, mir enthalen eis dobäi. Ech hunn expli- zéiert, dass mer de Conseiller du Ministre op Zäit, esou laang de Mi- nister do ass, préconiséieren, mä net dee vum politesche Beamten. Dee wëlle mer an där Form net. Dat muss kee politesche Beamte sinn, absolut net, an d'Iddi vum Cabinet ministériel vis-à-vis vum Rescht vum Ministère fannen ech och net gutt, wann dat eng Institution gëtt, bal eng Administratioun an der Ad- ministratioun, mä et soll de Conseiller vum Minister sinn.

M. le Président.- Den Här Bausch kritt nach eng Kéier d'Wuert an dann den Här Jean- Paul Rippinger.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wéll just dem Här Krecké soen, dass fir mech oder fir eis e politesche Beamten net heescht, dass deen eng Parteikaart muss hunn, oder dass dat ee muss sinn, deen aus där Partei muss kommen. Also mir leien do net esou wäit auserneen an deem wat mir gären hätten. Dat kann duerhaus ee sinn, deen de betreffende Minister sech aus dem Privatsecteur eriwuerhëlt fir déi Zäit oder wat och ëmmer. Also et geet net drëms fir hei elo politesch Beamten am Sënn anzeféieren, dass déi mussen där Partei uge- héieren. Wou géinge mer dann do hkommen, wa mir nach esou eppes géingen aféieren?

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, mir deelen d'Meenung vum Här Grethen an dofir brauche mir eis net esou op- zereege wéi den Här Krecké, fir do- géint ze stëmmen.

M. le Président.- D'Diskus- sioun iwwert de Rapport vun der Enquêtékommisioun ass elo of- geschloss a mir kommen zur Of- stëmmung iwwert déi vun deene Gréngen agereechten zwou Mo- tiounen. Fir d'éischt Motioun 1.

De Vote électronique ass ver- laangt.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi do- géint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 33 Neen-, 12 Jo-Stëmmen an 13 Abs- tentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe- ra, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean- Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie- Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick

Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

Da komme mer zur Motioun 2 vun deene Gréngen.

Mir stëmmen och iwwert d'Motioun 2 of.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi do- géint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 2 ass verworf mat 34 Neen-, 12 Jo-Stëmmen an 13 Abs- tentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques- Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie- Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

Domadder wär dee Punkt ofge- schloss a mir kéimen elo zur Dis- kussion vum Projet de loi 4827 iwwert déi handicapéiert Leit. D'Riedezäit ass nom Modell 2 fest- geluecht. Et si schonn agedroen: d'Madame Frank, den Här Lux, d'Madame Nagel, den Här Jaerling an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

6. 4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant modification

1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 ré- glant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,

2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,

3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum,

4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,

5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales,

6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,

7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois,

8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et

9. du Code des assurances sociales

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Selbstbestimmung an aktiv Participatioun solle Leitlinie vun der Integratiounspolitik vun eise behënnerte Bierger am 21. Jorhonnert ginn. Dat geet kloer aus dem Motto vum EU-Joer vun de Behënnerten „Nächst iwwer eis ouni eis“ ervir.

Ech si frou, dass de virleiende Projet de loi haut, am Joer vun de Behënnerten an nach virun der Sommervakanz, zur Ofstëmmung virläit, well dës Projet e gutt Beispill vun integrativer Behënnerte-politik duerstellt.

De gesellschaftlechen an de finanzielle Statut vun enger Persoun sinn an enger moderner Zivilgesellschaft enk matenee verbonnen. Dësen Text huet als Zil déi finanziell Onofhängegkeet vun de Behënnerten ze promovéieren, an déi sozioökonomesch Ofsecherung ze vervollstännegen. Domadder setze mir Objektiv, déi um europäeschen Niveau zu Lissabon festgehale gi sinn. Ech erënnere drun, dass zu Lissabon den Europäesche Rot sech fir d'Integratioun vun alle sozial schwache Bierger ausgeschwat huet. Dozou zielen och eis behënnert Matmënschen. Dës Projet verwerklecht de Regierungssaccord vun 1999, fir den d'Revisioun vun der finanzieller Situatioun vun de Behënnerten eng Prioritéit war.

Den Accord proposéiert ënner anerem zwou Moossnamen, déi

d'Lag vun eise behënnerte Matmënsche verbessere sollen. Op där enger Säit soll e Mindestakommes fir behënnert Leit, déi kenger Berufstätigkeet nogoe kënnen, agefuert ginn. Op där anerer Säit soll een deene behënnerte Leit, déi an engem Atelier protégé schaffen, d'Recht op e Gehalt garantéieren. Esou Moossname sinn onbedéngt noutwendeg.

Trotz engem entwéckelte sozialen Ofsecherungssystem hunn hautdësdays nach vill Behënnerte keng Garantie op en Akommes. Net jiddferen erfëllt zum Beispill d'Konditiounen fir den RMG oder fir eng Invalidérent ze kréien. Anerer dogéint profitéieren gläichzäiteg vun deene verschiddene Leeschtungen, déi si bis op e gewësse Grad kënnen cumuléieren. Dës Differenzen an Inkohärenz stinn am Widersproch mat enger Politik, déi d'Chancëgläichheet vun de Behënnerten als Zil huet, a musse wäitgehendst opgehuewe ginn.

Um Niveau vun den Ateliers protégés ass et och esou, dass net jiddferen, deen an esou engem Kader schafft, fir seng Aarbecht eng finanziell Kompensatioun kritt. Meeschtens kréien se just eng Indemnité d'insertion oder eng Leeschtung vun der Sécurité sociale ausbezuelt. Eng Prime d'encouragement vun 250 bis 375 Euro kann nach eventuell dobäikommen. Fir Verschiddener ass dës Prime déi eenzeg finanziell Unerkennung vun hirer Aarbecht. Doriwwer eraus fale Behënnertaarbechten net ënnert d'Aarbechtsrecht. Si profitéieren also net vun der schützende legale Moossname vun enger Gesetzgebung, an dat ass net richtig.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou laang wéi d'finanziell Lag vun de Behënnerten net ofgeséichert ass a behënnert Aarbechter net de Statut vun engem Salarié unerkannt kréien, sou laang kann een net vu sozialer Integratioun vun eise behënnerte Bierger schwätzen.

Dee virleiende Projet setzt dräi Haaptakzenter.

Als alleréisch huet en als Zil, d'Aarbecht vun de Behënnerten am Kader vun den Ateliers protégés ze reglementéieren.

Déi Behënnert, déi an deem Atelier protégé beschäftegt sinn, kréien de Statut vum Salarié unerkannt. Si hu Recht op en Aarbechtskontrakt, deen d'Verpflichtungen esouwuel vum Atelier protégé wéi vum Aarbechter genau festleet. Den Artikel 19 vum Projet gesäit vir, dass den Aarbechtskontrakt dem Gesetz vum 24. Mee 1989 ënnerleucht ass, mat dem Virbehalt vun deene verschiddenen Ausnahmen, déi de Projet selwer virgesäit, an déi der spezifischer Lag vun de Behënnerte Rechnung droe sollen. Den Atelier muss sech zum Beispill am Kader vum Aarbechtskontrakt verpflichten, dem behënnerten Aarbechter adequat Aarbechtskonditiounen am Umfeld ze garantéieren an den Zougank op de gewëinlechen Aarbechtsmaart ze promovéieren. Den Atelier soll net nëmmen déi Leit, déi als Travailleur handicapé unerkannt goufen, ophuelen an eng Aarbecht ubidden. Et ass och als eng Aart Transitatioun ze verstoen, déi d'Leit op de gewëinlechen Aarbechtsmaart virbereede soll. Et muss een awer realistesch bleiwen a bewosst sinn, dass de Prozentsaz vun deene behënnerten Aarbechter, déi et fäerdeg brénge sech op de gewëinlechen Aarbechtsmaart ze profiléieren, relativ niddreg ass. Nëmmen 3% no den Aussoe vun dem Auteur vum Gesetzesprojet.

Den Aarbechter verflëcht sech, op senger Säit, verschidde Formatioune matzemaachen, déi vun der ADEM proposéiert ginn. Formatiounen déi wichteg sinn, wann ee sech wëllt an den Aarbechtsmaart integréieren.

Déi behënnert Aarbechter kréien och Recht op een Akommes fir hir

Aarbechtsprestatiounen, dat sech op de Mindestloun baséiert, unerkannt. Och wa si an engem spezifische Kader schaffen, bleiwe si den Aarbechtscontrainten ënnerleeën, wéi all aner Aarbechter. Et ass also nëmmen normal, dass si fir hir Aarbecht bezuelt ginn. Well awer ganz vill Ateliere net déi finanziell Méiglechkeeten hunn, fir an Zukunft jiddferengem e Salaire auszebezuelen, gesäit de virleiende Gesetzesprojet eng staatlech Participatioun bei de Gehälter vir.

D'Gesetz vun 1991, wat dës Projet ausser Kraaft setzt, gesäit esou eng Participatioun vir, awer just fir d'Privatbetriber an d'Gemeengen. D'Ateliere sinn awer am Kader vun dësem Gesetz vun 1991 ausgeschloss. Dat soll sech änneren am virleiende Projet, deen iwwerengs e maximale Prozentsaz vun dëser staatlecher Participatioun par rapport zum Gesetz vun 1991 vu 60 op 100% erhéicht. Dës Participatioun soll och vun der Entwécklung vum Handicap an/oder vun der Upassung vum Behënnerten a säin Aarbechtsmilieu ofhänken.

Fir kënnen vun de staatleche Subsidien ze profitéieren, muss den Atelier vum Familljeministère zouge-looss ginn, an zwar en conformité mam ASFT-Gesetz vun 1998. Iwwert de Wee vum Agrément wëll ee sécher stellen, dass den Atelier verschidde Konditioune konzeptueller a struktureller Natur erfëllt. Den Atelier soll de Behënnerten en adequaten Encadrement ubidden kënnen. An dësem Kontext ass et wichteg ervirzehiewen, dass d'Aarbechtsdauer, déi am Prinzip och fir d'Ateliere 40 Stonnen d'Woch bedréit, therapeutesch oder sozio-pedagogesch Aktivitéite mat aschléisst.

Deen zweete Schwéierpunkt vum Projet ass d'Schafung vun dem Revenu pour personnes gravement handicapées. Dëst Akommes sollt am Ufank nëmmen deene behënnerte Leit zegutt kommen, déi wéinst hirem Handicap net schaffen a fir sech selwer suerge kënnen. D'Kommissioun war awer der Meenung, et misst een och de behënnerten Aarbechter sou ee minimaalt Akommes garantéieren, vun deem Moment u wou si onofhängeg vun hirem Wëllen net schaffen a keen Akommes hunn, dass iwwert dem Revenu pour personnes gravement handicapées läit. Et dierf een net vergiessen, dass vill behënnert Leit zwar theoretesch enger Aktivitéit nogoe kéinten, wa si encadréiert wäeren, awer praktesch net schaffen kënnen, well net genuch Plazen an deene verschiddenen Ateliere protégés do sinn. Et wär also ongerecht, an et géif der Essenz vum Projet widersprechen, wann een hei tëschent Behënnerte géif differenzéieren. Jidderee soll datselwecht Recht op eng autonom finanziell Ofsecherung unerkannt kréien.

Ze bemerken ass nach, dass dës Revenu onofhängeg vun der finanzieller Situatioun vum Demandeur oder vu senger Famill ausbezuelt gëtt, wat bekanntlech net de Fall beim RMG ass.

An dësem Kontext spillt d'Commission médicale, déi agefuert gëtt, eng wesentlech Roll. Eis Kommissioun huet an dësem Kontext um prozeduralen Niveau den initialen Text amendéiert. Wa schonn d'Regierung im Nachhinein sech fir zwou verschidde Kommissiounen entscheet huet, déi am Kader vun dësem Projet kompetent wäeren, huet d'Familljekommissioun d'Iddi vertrueden, et misst een d'Kompetenze vun der Commission médicale an der Commission d'orientation méi kloer délimitéieren, a virun allem der Commission médicale verschidde Kompetenzen exklusiv unerkennen.

Dës Kommissioun decidéiert, ob eng Persoun als behënnerten Aarbechter ka qualifizéiert ginn oder net, a si hëlt och eng Décisioun wat d'Diminutioun vun der Aarbechts-capacitéit oder de Gesondheits-zoustand ugeet. Wa si der Meenung ass, dass eng Persoun d'Konditiounen erfëllt fir d'Mindestakommes fir schwéier behënnert Leit ze kréien, deelt si hir Entscheidung dem Fonds national de solidarité mat, deen dann decidéiert, dës Revenu enger Persoun zouzespriechen oder net. D'Commission d'orientation, déi schonn am Kader vum Gesetz vun 1991 besteeft, entscheet net méi mat, mä ka sech duerfir ganz op hir Orientatiounsmissioun konzentréieren. Si ass och zoustänneg fir all berufflech Integratiounsmoossnamen.

Wat de Revenu fir schwéier handicapéiert Leit ugeet, muss een nach ervirhiewen, dass d'Kommissioun, mam Objektiv jiddferengem en individuelle Revenu zouzesécheren, proposéiert huet, verschiddenen Dispositiounen vum Code des assurances sociales ëmzeänneren. Nom virleienden Text dierf eng Weesekandsrent an Zukunft net méi ouni Alterslimite ausbezuelt ginn. Och wann déi meescht Behënnert iwwer eng Rent verfüngen, déi entweder ënnert dem Mindestloun oder dem RMG läit, bleift et, dass verschidde Persounen Akommes bezéien, déi iwwert dës zwee Revenue leien. D'Ausbezuellung vun enger Weesekandsrent ass och schwéier mam neie Revenu fir schwéier behënnert Leit ze verbannen. No der aktueller Gesetzgebung gëtt de Revenu vun engem behënnerten Aarbechter, deen deelweis an engem Atelier protégé beschäftegt ass, an deem ënnert dem RMG läit, iwwert de Wee vum Revenu pour personnes gravement handicapées complétiert. Si kréien och d'Weesekandsrent integral ausbezuelt.

De Behënnerten, deen awer à temps plein an deem Atelier protégé schafft, huet kee Recht op eng Weeserent.

Fir dës Ongerechtegkeeten opzehiewen, gesäit de virleiende Projet d'Ofschafung vun der Weesekandsrent ouni Alterslimite vir. Dës Ofschafung soll awer just fir d'Zukunft spillen an net d'Droits d'acquis a Fro setzen. Mat der Aféierung vun engem minimalen Akommes fir Behënnert, mécht et kee Sënn méi eng Weesekandsrent ouni Alterslimite auszebezuelen.

Dëselwecht Bemierkung zielt fir d'Allocations familiales. D'Kommissioun huet proposéiert, parallel zur Aféierung vun deem Revenu fir schwéier handicapéiert Leit zukünfteg Méiglechkeeten, esou Allocations ouni Alterslimite auszebezuelen, ofzuschafen, mat der Berücksichtigung op d'Droits acquis. D'Familljenallocatioune kënnen bis zum Alter vu 27 Joer ausbezuelt ginn, wann déi betraffe behënnert Persoun Formatioune mat mécht.

Et gëtt och preziséiert am Code des assurances sociales, dass behënnert Aarbechter, déi an engem Atelier protégé schaffen, vun der Kranken- a Pensiounsversicherung profitéieren.

D'Invaliditéit vun deene Behënnerte gëtt net nëmmen a Bezuch zum gewëinlechen Aarbechtsmaart appréciéiert, mä och a Bezuch zu den Ateliere protégés. Dës Moossnam dëngt dozou, d'Berufstätigkeet vun de Leit esouwäit et geet ze motivéieren, a fir ze vermeiden dass scho Leit no engem Joer d'Invaliditéit ufroen, déi kenger Integratiouns- oder Formatiounsmoossnam ënnerläit.

Den drëtten Schwéierpunkt vum Projet ass d'Verankerung vum Conseil supérieur des Personnes handicapées an engem Gesetz. Dëst berodend Organ, dat scho säit 1998 op Basis vun engem Règlement existéiert, ass e wichteg Instrument vun der Behënnertepolitik. D'Zesummesetzung vun dësem Conseil spigelt de Wëlle

vun den Auteuren vum Projet erëm, d'Behënnert an der Integratiounspolitik mat anzubannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text, deen hei an der Chamber zur Ofstëmmung virläit, ass deen, deen de Statsrot a sengem Avis vum 25. Februar vun dësem Joer proposéiert huet. D'Regierung huet schonn den initialen Text op Grond vum éischten Avis vum Statsrot amendéiert. Wann d'Regierung gréisstendeels de kritesche Bemierkunge vum Statsrot Rechnung gedroen huet, war dës awer nach der Meenung, dass den Opbau vum Text nohuelbedürfteg wier. E schléit vir d'Gesetz vun 1991 iwwert d'behënnert Aarbechter net nëmmen ëmzeänneren, wéi dat de Regierungstext virgesinn hat, mä ofzuschafen an d'Dispositiounen vun dësem Gesetz mat deenen neien an engem codifizéierten Text ze integréieren.

D'Kommissioun ass op de Wee vum Statsrot gaangen. Si huet deem säin Text ugeholl an huet Emännerunge virgesinn, déi awer weder déi initial Orientéierungen, nach d'Virschléi vum Statsrot a Fro stellen, och wann de virleienden Text sech bei deem engen oder anere Punkt staark vum Text vun der Regierung oder vum Statsrot differenzéiert. D'Kommissioun war zum Beispill der Meenung, dass et wichteg wier déi spezifesch Kompetenze vum Behënnerteservice vun der ADEM nach eng Keier am Kader vum virleienden Text ze verankeren. Säit zéng Joer këmmert sech dës Service ëm déi berufflech Integratioun vun de behënnerten Aarbechter. Si verfügt iwwer eng grouss Expérience a Saachen Ëmgank mat Behënnerten an huet an all deene Joren en direkte Kontakt zu den Employeuren gehat. En ass onëmgänglech an dofir soen ech och all deene Leit vun der ADEM merci, déi sech am Laf vun deene Joren dofir agesat hunn.

Rezent Texter verweisen iwwerengs och direkt op eenzel Services vun der ADEM amplaz d'ADEM als Ganz ze viséieren, esou dass et ubruecht ass tëschent deene verschiddene Services vun dëser Administratioun ze ënnerscheeden a kloer an engem Gesetzestext festzehalen.

Déi aktuell Délimitatioun vun de Kompetenzen tëschent der Commission médicale an der Commission d'orientation ass och op eng Entscheidung vun der Familljekommissioun zrëckzeféieren. Am Ufank war d'Kommissioun der Meenung, d'Commission médicale soll just nokucken, ob eng Persoun d'Konditioune géif erfëlle fir op e Mindestakommes fir schwéierst-behënnert Leit Usproch ze hunn. Si sollt dozou just en Avis ofginn. D'Kommissioun huet den Iwwerleeunge vum Statsrot Rechnung gedroen an decidéiert, d'Commission médicale sollt op engem ëmstriddene Punkt net nëmmen en Avis ofginn an huet dës Kommissioun e reellen Entscheidungs-pouvoir unerkannt.

D'Kommissioun war och der Meenung, et sollt een d'Abattements-méiglechkeeten, déi fir d'Salaire vun de behënnerten Aarbechter mat schwaachem Rendement existéieren, ofschafen. An den Ae vun der Kommissioun sinn esou Méiglechkeeten diskriminatoresch.

D'Emännerung um Niveau vum Code des assurances sociales an d'Ausdehnung vum Krees vun de Leit, déi vun engem Mindestakommes kënnen profitéieren, zwou Moossnamen, déi ech virun a menger Ried ëmschriwwen hunn, ginn op Décisiounen vun der Familljekommissioun zrëck.

Ier ech meng Ried ofschléissen, wëll ech kuerz nach op den Avis vun der Chambre de Travail zrëckkommen. Dës professionell Chamber huet sech d'Fro gestallt, ob keng Interferenze géife bestoen tëschent dem virleiende Projet an dem Gesetz iwwert d'Aarbechtsincapacitéit an d'Reinsertion. Dës Punkt ass och an der Kommissioun

ugeschnidde ginn. D'Kommissioun mengt, et wier net ubruecht fir d'Dispositioun vum dem Text am Gesetz iwwert d'Aarbechtsincapacitéit anzeféieren. Et handelt sech ëm zwou verschidde Moossnamen. Wat déi aner Chamberen ugeet, waren d'Avisé positiv an dofir zit'éieren ech si elo net méi eenzel.

E grouse Merci wëll ech all deenen ausschwätzen, déi säit zwee Joer un dësem Projet matgeschafft hunn, de Kolleeginnen an de Kollegee vum eiser Kommissioun, de Mataarbechter aus dem Familljeminstère, esou wéi och speziell eiser Mataarbechterin aus der Fraktioun.

Haut de Mëtteg huet den honorablen Här Serge Urbany mech an der Sitzung drop opmierksam gemaach, datt e materielle Feeler am Text géing stoen an ech géif proposéieren, datt mer deen herno géife revidéieren. An zwar war den Artikel 171 (19) vum Code des assurances sociales net richtig; et ass 171 (17). Dofir, Här Urbany, villmools merci.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'gesellschaftlech Integratioun an d'Matgestaltung vun de Behënnerte stellen a mengen Aen eng Beräicherung vum eiser Gesellschaft duer. Mir dierfen dowéinst keng Geleeënheet verpassen, fir dës Integratioun fortzusetzen. De virleiende Projet wäert mat Sécherheet dozou bäidroen. E stellt, wéi ech dat schonn am Ufank vu menger Ried gesot hunn, e gutt Beispill vun integrativer Behënnertepolitik duer. Mä wéi vill aner Projekten ass och dësen Text sécherlech net perfekt. Et gëtt sécherlech Lücken, déi no den Experienze mussen revidéiert ginn. Ech si frou, datt de Rapport zum Projet vun de presente Memberen an der Kommissioun den 10. Juli unanime ugeholl ginn ass an dofir wënschen ech mir déiselwecht Unanimitéit hei am Plenum. Ech soen lech merci.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

M. le Président.- Merci villmools. Éischtens ageschriwwene Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren an deen déi handicapéiert oder behënnert Persounen betrëfft, ass e wichtege Projet. Hie schreift sech zwar an d'Linn vun de Mesuren, déi mer zënter Jorzénge am Intérêt vun de behënnerte Persounen huelen. Hie bréngt awer och qualitativ wesentlech Verbesserungen an zwar op dräi Pläng, an ech wëll mech drop beschränke fir déi wichteg Punkten, déi qualitativ eppes bréngen am Intérêt vun de Behënnerten, ervirzesträichen.

Dat ass fir d'éischt emol d'Recht op d'aarbechtsrechtlech Moossnamen am Intérêt vun de Persounen, déi an den Ateliers protégés schaffen. Et ass d'Schafung vun engem garantéierten Akommes fir déi Behënnert, an et ass d'Schafung vun enger gesetzlecher Basis fir de Conseil supérieur des Personnes handicapées.

Ech wëll net an d'Detailer vun de Mesurë goen, well eis Kolleegin, meng Virriednerin d'Madame Frank an hirem excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport d'Detailer vun de Mesurë ginn huet. Ech wëll och hei direkt soen, dass déi Mesurë vun der CSV-Fraktioun approuvéiert ginn an dass mer den Text och wäerte stëmmen.

Fir d'éischt emol déi arbechtsrechtlech Moossnamen. Ech erënnere do un de Prinzip, deen an der Verfassung steet am Artikel 11, dee seet, dass d'Gesetz d'Recht op Aarbecht garantéiert, an dass all Bierger d'Recht huet déi Aarbecht ze exerzéieren, datt och

d'Gesetz dat soll assuréieren. D'Verfassung mécht keen Ennerscheid tëschent behënnerten an anere Persounen. An ech erënnere och hei un en Text, deen am Konvent iwwerholl ginn ass, dee schonn an den Droits fondamentaux stong an dee seet, dass all Persoun Recht op Aarbecht huet an och e Beruff auszeüben an aller Fräiheet, esou wéi hien et gewielt huet a wéi en et akzeptéiert. An de Konvent huet en aneren Text iwwert déi handicapéiert Persounen ugeholl, deen och elo iwwerholl ginn ass, deen ech och hei wëll zit'éieren an dem wierklechen Text wéi en am Artikel 2-26 vum franséischen Text zréckbehalen ginn ass: „L'Union européenne reconnaît et respecte les droits des personnes handicapées à bénéficier de mesures visant à assurer leur autonomie, leur intégration sociale et professionnelle et leur participation à la vie de la communauté.“

Wa mer haut deen Text hei unhuelen, da leie mer an der Linn vun deenen dote grondsätzlechen Texter a mir schreiwen eigentlech an dat besonnescht Gesetz hei nëmmen an déi Rechter, déi och deene behënnerte Persounen an eiser Verfassung an och an den europäeschen Texter garantéiert sinn. A mir erkennen domat un, dass och déi Aarbecht, wann ech hei vun der Aarbecht vun deene Behënnerte schwätzen, eng vollwäerteg Aarbecht ass, an dofir solle mer se och esou behandelen am Aarbechtsrecht an och op där anerer Säit an der Rémunératioun.

Mir hunn an engem éischten Deel vun deem Gesetz hei Texter iwwerholl vum Gesetz vun 1991. Do sollte verschidden Ännerunge kommen. De Conseil d'Etat war der Meinung, et wier besser wann een dat Gesetz géif ofschafen an et ganz géif hei integréieren. Ech wëll och drun erënnere, datt wat den normalen Aarbechtsmaart ugeet, schonn 1991 verschidde Mesurë festgehalen ware ginn, déi festgeloucht hunn, wat fir eng Obligatioun souwuel de Stat wéi déi öffentlech-rechtlech Etablissementer, d'Gemengen an d'Eisebunn hunn, awer och de Privatsektor. Ech wëll se rappeléieren.

Do steet dran, datt de Stat, d'Gemengen, d'Etablissements publics an d'CFL obligéiert sinn, 5% vun hirem Effectif fir behënnert Persounen ze reservéieren. Fir de Privatsektor sinn d'Bestëmmungen déi, datt déi Entreprises, déi tëschent 25 an 49 Persounen beschäftegen, eng behënnert Persoun sollen stellen, a wa se tëschent 50 an 299 Persounen hunn 2%, an iwwer 300 Persounen 4%.

Et ass gutt, datt déi Dispositiounen répétéiert ginn, och wa mer wëssen, datt an all de Joren déi do Zifferen, ech soe wahrscheinlech net erreecht si ginn. Beim öffentleche Sektor sinn ech mer ganz sécher, datt se net erreecht sinn. Beim private Sektor wëll ech mech net driwwer ausschwätzen, well ech eigentlech och keng Zifferen hunn, a wou et och gutt wär, datt een emol erëm nei Chiffere géif opstellen a soen, wat mer dann do erreecht hunn.

Et sinn och strofrechtlech Moossnamen dran an deem Sënn datt déi, déi d'Bestëmmungen net anhalen, misste bis zu 50% vum Mindestloun un den Trésor verséieren. Beim Stat ass eigentlech keng esou eng Dispositioun dran. De Stat ka sech jo net selwer Geld iwwerweisen. Dofir ass et émsou méi bedauerlech, Här Fayot, datt och do déi Bestëmmungen net voll a ganz erreecht si ginn.

Ech froe mech allerdéngs, ob et duer geet, datt ee Bestëmmunge festleet, ob een net och misst probéiere positiv Aktiounen ze setzen an déi, déi et maachen, och mol ervirzesträichen, well et ass jo net jiddferen, dee sech net drun hält. Et sinn och privat Patronen, déi behënnert Persounen agestallt hunn. Dat soll een och emol als Exempel dohi stellen; och öffent-

lech Verwaltungen, déi dat do realiséieren, soll ee positiv duerstellen.

Vläicht gëtt déi nei Mesure, déi virgesäit, datt d'Participatioun um Salaire, déi bis elo 60% war, an Zukunft bis op 100% eropgeet, deem engen oder aneren am Privatsektor Ulass gëtt fir d'Situatioun ze iwwerdenken an am Intérêt vun de Behënnerten eng nei Aarbechtsplaz ze schafen.

Dat wierklecht Neit, wat den Aarbechtsmaart ugeet, sinn awer déi arbechtsrechtlech Mesuren am Intérêt vun de Persounen, déi an den Ateliers protégés schaffen, Ateliers protégés, déi eigentlech scho quasiment 30 Joer bestinn, déi awer mat ënnerschiddleche Mëttelen hu misse schaffen, mat Subsidien a mat anere Mëttelen, fir och de Behënnerten, déi bei hinnen opgeholl si ginn, eng eenegermoosse Rémunératioun unzëbeden.

Duerch dat hei Gesetz besteet d'Méiglechkeet, datt déi Persounen, déi grave handicapéiert sinn an net um Aarbechtsmaart kënnen ënnerbruecht ginn, oder och déi Persounen, déi, obschonn se op den Aarbechtsmaart kënne goen, awer vläicht do keng Plaz fannen, datt déi an den Ateliers protégés kënnen eng Aarbechtsplaz fannen. Dat bedeit dann awer, datt déi arbechtsrechtlech Bestëmmunge vum Gesetz vun 1989, sou wéi d'Madame Frank et gesot huet, mussen ugewannt gi mat verschiddenen Aménagementen.

Et ass och virgesinn, datt déi Leit, esou wéi dat soll sinn, rémunéiert ginn nom Mindestloun, datt zousätzlech awer d'Gestionnaire vun den Ateliers protégés och nach kënne Primë bezuelen, déi dann awer à charge vum Atelier protégé sinn, wou jo gegebenenfalls och Recetten erakomme vun de Services a vun de Produits, déi duerch den Atelier protégé hiergestallt ginn, well et ass jo net esou, datt den Atelier protégé näischt géif produzéieren, wat net kënnt verkaaft ginn a wat net och kënnt Recetten erabréngen. De Stat participéiert um Loun mat 100%, wat ausdrécklech ze begrëssen ass.

Eng zweet wesentlech Mesure ass d'Aféierung vun dem Akommes fir déi grave handicapéiert Persounen. Dat ass a mengen Aen e wesentleche Fortschritt, well bis elo war d'Akommes, esou wéi et scho gesot ginn ass, ënnerschiddlech, an déi behënnert Persounen waren ugewisen op verschiddenaarteg Akommes, sief et vum Kannergeld, enger Rent, oder dem RMG, wou se dann awer de spezifesch Bedingungen och vum RMG ënnerworf waren. Ech erënnere notament un d'Bestëmmunge vun de Pensions alimentaires, wou also och Persounen, déi eng Pension alimentaire hu misse bezuelen, konnten erugezu ginn. Do sinn also Bestëmmungen, déi dozou geféiert hunn, datt ënnerschiddlech Revenuë bei de behënnerte Leit erauskomm sinn, an datt se praktesch ugewise waren op een Akommes, wat eigentlech an der Aide sociale läit, während hei e Recht geschafe gëtt, wat och mat anere Konditiounen verbonnen ass, wéi dat notament beim RMG de Fall ass.

Ech wëll kuerz d'Bedingunge rappeléiere fir dat Akommes ze kréien. Et muss een 18 Joer al sinn. Et muss een eng Diminutioun vu senger Aarbechtscapacitéit hu vu weéngstens 30%, déi een awer kritt huet viru 65 Joer. Et muss onméiglech sinn eng Aarbecht unzuhuelen um Aarbechtsmaart. Et muss een dann och hei am Land residéieren a säi Wunnstëtz hunn. De Montant ass deeselwechte wéi beim RMG. E läit bei 160,99 Euro Index 100. Beim heitegen Index mécht dat 974,97 Euro aus, wa meng Berechnung richtig ass. An et gëllt och hei, wat beim RMG

gëllt, datt 30% vun anere Revenuen, Revenu professionnel oder Revenu de remplacement, kënnen immuniséiert ginn, sou datt ee Behënnerten dee schafft, deen also bereet ass eng Aarbecht unzuhuelen an do eppes verdéngt, datt deen iwwert deen dote Wee net gestrooft gëtt. Dat ass och eng Incitatioun fir an den Aarbechtsprozess eran ze goen. Dat ass a mengen Aen eng ganz wichteg Moossnam. Et hält net kënnen aneschters sinn, well mer eng ähnlech gelagert Mesure och beim RMG hunn.

Et bleift allerdéngs eng Mesure bestoen, datt bei dem Akommes vun de Behënnerten herno bei der Ierfschaft eng Restitutioun méiglech ass. Ech mengen, dat muss een esou explizéieren a justifizéieren, datt wann herno eppes do ass, d'Allgemengheet, déi jo elo bereet ass ouni gréisser Konditiounen een Akommes ze garantéieren, virun aneren Ierwen eventuell ka bei der Ierfschaft hiert Recht geltend maachen.

Eng drëtt Mesure, wou ech ganz kuerz ka sinn, dat ass d'Schafe vun enger gesetzlecher Basis fir de Conseil supérieur des Personnes handicapées, Conseil supérieur, dee geschafe ginn ass duerch Règlement ministériel vum 16. Dezember 1998. Mir kennen d'Schwieregkeete vun de Règlements ministériels, Règlements ministériels, déi op Grond vum Artikel 36 vun der Verfassung eigentlech keng Base légale hunn, a wou een à tout moment hält kënne soen, dass dee Conseil supérieur, deen duerch Règlement ministériel geschafe ginn ass, eigentlech keng Base légale huet. Doduerch datt elo hei gesot gëtt, datt déi Base légale geschafe gëtt, kritt och dee Conseil supérieur een anere qualitative Wäert wéi e bis elo hat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem heite Gesetz erfüllt d'Regierung e weidere Punkt vun hirem Regierungsprogramm, wou gesot ginn ass, datt se bereet wier, fir eng Revisioun vun de Revenuë vun de behënnerte Persounen ze maachen, an dass si eng kohärent an équitabel Léisung fir déi behënnert Persounen wëllt sichen. Dat huet si mat deem heite Gesetz och gemaach an ech hu jo scho gesot, dass mer och aus där Ursaach d'Gesetz wëlle stëmmen.

Ech wëll awer hei drop opmierksam maachen, dass eigentlech mat deenen heite Mesuren d'Problematik vun de Behënnerten net ofgedeckt ass. Wann ech virdru vun enger Participation à la vie de la communauté geschwat hunn, vun där och de Konvent schwätzt, da bleiwen nach ganz vill aner Mesuren ze réaliséieren, an do ass net nëmmen de Législateur gefuerdert. Do sinn och ganz vill Associatiounen, Privatpersounen gefuerdert, déi sech bis elo agesat hunn.

Ech mengen, et wier ongerecht, wann een haut nëmmen der Regierung e Luef géif ginn an et géif een net dee Luef weiderginn un all déi Leit, déi virun där gesetzlecher Mesure Ateliers protégés geschafen hunn, déi probéiert hunn déi dote Mesuren ze réaliséieren an déi an Zukunft och aus hirer Verpflichtung am Intérêt vun de Behënnerten net wäerten entlooss sinn. Mir hoffen, dass si déi Aarbecht kënne weiderféieren. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Den nächste Riedner ass den Här Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Lux (LSAP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kollegeen, mir sinn am europäesche Joer vun de Behënnerten, am Joer 2003. A wéi bei all deenen deklaréierte Jore stellt sech dann och dëst Joer d'Problematik e bëssen, ob mer et fäerdeg bréngen aus deem Joer wierklech e Schub no vir ze maachen oder ob et beim Ali-bi bleift.

Ech wëll direkt am Ufank soen, dass eis Fraktioun der Meinung ass, dass dëst Gesetz wäert dozou bäidroen, dass de Bilan vun deem deklaréierte Joer 2003 net émsoss wäert sinn, mä wierklech, wéi de Kollege Paul-Henri Meyers et elo scho gesot huet, e qualitative Sprong no vir wäert bedeiten.

Dozou gehéiert, mengen ech, och, dass mer an der Kommissioun et fäerdeg bruecht hunn an engem ganz konstruktiven Esprit un déi Problematik vun deem Gesetz erunzegoen. Ech wëllt dofir och der Kolleegin Marie-Josée Frank fir hir Aarbecht haut de Mëtteg an och virdrun an hirem schrëftleche Rapport eise Merci soen, wéi och der zoustänneger Ministesch an hire Fonctionnairen, déi et erlaabt hunn, dass mer dat relativ positiv konnten iwwert d'Bühn bréngen.

Mir hunn elo am spéiden Nomëtteg héieren, wat eis de Kollege Paul-Henri Meyers zum Schluss gesot huet, an ech mengen, dass dat eng wichteg Ausso ass, nämlech net ze mengen, dass mer mat dësem Gesetz elo - sécherlech maache mer e Schrëtt no vir - dann definitiv an där Gesellschaft ukomm wäeren an an där Integratioun vu Behënnerten, an där Qualifizierung vu Vollwäertegkeet ukomm wäeren, déi mer eis allequerten, hoffen ech, heibanne wënschen.

Dass en Aarbechtsrechtler a Sozialpolitiker frou ass, wann och hei déi grouss Unzuel vu Behënnerten an d'Recht vun dem Aarbechtsstatut kommen, an d'Recht komme vun engem Akommes, dass d'Prozedur klarifizéiert gi sinn, dass op där anerer Säit de Statut komm ass vum Conseil supérieur, wat noutwendeg war, dat wäert lech net verwonneren.

Trotzdem denken ech, dass an enger Gesellschaft, déi an deene leschte Joren, an dat wäert an deenen nächste Joren net besser ginn, ëmmer méi ufänt haart ze ginn, et deementspriedend e wichtege Schrëtt, e wichteg Signal no bausen ass fir all déi, déi mathëllefen um Terrain wierklech eng Politik vu Vollwäertegkeet ze maachen.

Trotz de Realitéiten opgrond vun ekonomesche Gegebenheeten, et kënnt een dann elo wäit aushuelen a vun der Globaliséierung bis zu der Kompetitivitéit kommen, bis zur Noutwendegkeet an den Entreprises, besonnesch an de privaten Entreprises ëmmer dofir ze kucken, dass d'Rechnung hannen opgeet an deementspriedend net méi vill Plaz bleift fir dat, wat awer hei eng Noutwendegkeet ass, dat Gefill fir déi mënschlech Gesellschaft, déi mer alleguerte wëllen, wou et net nëmmen eleng drëm geet fir hannen ze kucke wéi et da mat de makroekonomesche Resultater ass, ass et wichtig och dofir ze suergen, dass aner Qualitéiten, aner Wäerter an eiser Gesellschaft nach héichgehalen ginn.

Mir hunn 2001, den 29. Mäerz, schonn e Gesetz gestëmmt, wat wichteg war, nämlech datt vun der Accessibilitéit. Och do, wann een dann d'Kap vum Buergermeeschter oder President vu Bautekommissiounen opdeet, da weess ee wéi schwéier dass och d'Ëmsetzung vun deem Gesetz do ass an deementspriedend wäert dat heien, wat mer haut de Mëtteg decidéieren, och seng Schwierigkeeten hunn.

D'Auswierkunge si vun de Virriedner hei scho relativ daitlech gesot ginn: d'Revaloriséierung vun der Aarbecht vun Behënnerten, net nëmmen als eng Form vu Beschäftigungstherapie, mä wierklech e Sprong no vir ze maachen, d'finanziell Situatioun vun Behënnerten ze verbessern, d'Selbststännegkeet, d'Autonomie an d'Würd vun de Behënnerten ze verbessern: Alles dat ass richtig. Mä mir wëssen, dass dat dann nach nëmmen en Deel vun der Problematik ass, well de Projet de loi a sengem Exposé des motifs jo kloer seet, dass nëmmen 3% den Ofsprung vun

dem Atelier protégé an de richte-
gen, den definitiven, den eigent-
lechen, den éischten Aarbechts-
maat och packen.

Dobäi ass ebe just d'Integratioun
an déi normal Aarbechtswelt a
sech déi gréisste Wichtegkeet, déi
gréissten Noutwendegkeet, déi
mer gesinn. Net nëmmen Ausge-
schlossenheet, mä matenee ver-
sichen ze goen. De Behënnerten
als e vollwäertege Bierger unzege-
sinn an och als e vollwäertege
Mataarbechter an den Entreprisen.
Et ass also sécherlech wichteg,
dass mer et hei fäerdeg brénge fir
d'Konditiounen innerhalb vun den
Ateliers protégés ze verbesseren,
mä d'Zilsetzung muss nach ëmmer
dat sinn, de Sprong, Brécken ze
schafe fir an den definitiven Aar-
bechtsmaat ze kommen.

Fir déi Integratioun ze verbesseren,
hunn de Mëtteg schonn déi eenzel
Riedner vum Gesetz vun 1991 ge-
schwat. Ech hu mer nach eng
Kéier ugekuckt, et ass eng Ques-
tion parlementaire vun eiser Kollee-
gin Renée Wagener...

Mme Renée Wagener (*DÉI
GRÉNG*).- Wëllt Dir mir elo meng
Stëmm klauen?

(*Hilarité*)

M. Lucien Lux (*LSAP*).- Ech
wollt lech wierklech an Är eege
Schoul elo aféieren, lancéieren.
Dat ass eng Passe an d'Lach, déi
ech lech maachen.

(*Interruption*)

Ech wëschen dat doten elo erëm
aus. Ech fänken nach eng Kéier vu
vir un.

(*Hilarité*)

Ech wëll heimadder ausdrécklech
begrëssen, dass eis Kolleeigin
Renée Wagener virun e puer
Woche schonn dru geduecht huet
fir d'Ministesch ze interpelléieren
an nach eng Kéier op d'Schwiereg-
keeten anzegoen, déi mer bei der
Ëmsetzung vun de Quoten, deene
5% an den öffentlechen Entrepri-
sen an deenen 2 bis 4% an de pri-
vaten Entreprisen, hunn. Ech men-
gen, do gesi mer wéi grouss d'Sch-
wieregkeet ass.

Dat ass och d'Fro, déi een de Mët-
teg kënn stellen un déi zoustän-
neg Ministesch, wéi et da mat de
Sanktiounen ass. Ech froe mech
dat ëmmer, wéi da versicht gëtt fir
emol Exempelen ze schafen, sou-
wuel am öffentlechen, well do
schéngt et mer evident ze sinn, mä
ech denken och am private Sec-
teur. Och wann effektiv leider
Gottes keng verlässlech Zuele vir-
leien, wéi et mat de Sanktiounen
ass, déi een effektiv emol eng
Kéier misst spille loossen, fir dann
och do e bëssen Damp ze maa-
chen.

Ech menge besonnesch dëst Joer
2003 wär eng Année propice fir
vläicht och e bësse méi contrai-
gnant an där Richtung virzegoen.
Ech wëll dann awer och soen, dass
an der Integratioun en anere Punkt
fir eis enorm wichteg ass, deen elo
net direkt ofgedeckt ass duerch
dëst Gesetz, an dat ass dat, wat
sech um schoulesche Plang of-
spillt. Ech denken, dass et do nout-
wendeg ass. Mäin éischte Versuch
fir d'Regierung ze interpelléieren
zu dem Sujet vun der Integratioun

Sommaire des séances publiques

Hommage à la mémoire de M. Georges Margue, député honoraire
page 824

Communications
page 824

Ordre du jour
pages 824-825

Heure de questions au Gouvernement:

- Question N° 318 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Wei-
ler au sujet des recrutements à l'Administration des Ponts et Chaus-
sées, adressée au Ministre des Travaux publics
pages 825-826

- Question N° 319 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Lucien Lux
concernant les modalités d'attribution du forfait d'éducation, adres-
sée au Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunes-
se
page 826

- Question N° 320 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Gusty
Graas au sujet d'une amnistie fiscale belge, adressée au Ministre du
Trésor et du Budget
page 826

- Question N° 321 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Camille Gi-
ra au sujet de l'implantation d'une deuxième Ecole européenne à Ma-
mer, adressée au Ministre des Travaux publics
page 826

- Question N° 322 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Xavier Bet-
tel au sujet des systèmes de sécurité au Centre pénitentiaire de
Schrassig, adressée au Ministre de la Justice
pages 826-827

- Question N° 323 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Mars Di
Bartolomeo au sujet de la prise en charge des frais bancaires lors de
virements aux ayants droit de prestations de l'Etat, adressée au Mi-
nistre du Trésor et du Budget
page 827

- Question N° 324 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Claude
Meisch au sujet de l'organisation de la journée "En ville sans ma voi-
ture 2003", adressée au Secrétaire d'Etat à l'Environnement
page 827

- Question N° 325 du 8 juillet 2003 de Monsieur le Député Georges
Wohlfart au sujet des marchés publics, adressée au Ministre des Tra-
vaux publics
pages 827-828

Ordre du jour
page 827

5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de
construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri
Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-
Kirchberg
pages 828-829
page 839

4954 - Projet de loi portant 1) répression du terrorisme et de son fi-
nancement 2) approbation de la Convention internationale pour la ré-
pression du financement du terrorisme, ouverte à la signature à New
York en date du 10 janvier 2000
pages 829-839

5136 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'At-
lantique Nord sur l'accession de la République de Bulgarie, signé à
Bruxelles, le 26 mars 2003;

5137 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'At-
lantique Nord sur l'accession de la République d'Estonie, signé à
Bruxelles, le 26 mars 2003;

5138 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'At-
lantique Nord sur l'accession de la République de Lettonie, signé à
Bruxelles, le 26 mars 2003;

5139 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'At-
lantique Nord sur l'accession de la République de Lituanie, signé à
Bruxelles, le 26 mars 2003;

5140 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'At-
lantique Nord sur l'accession de la Roumanie, signé à Bruxelles, le
26 mars 2003;

an de Schoulen ass jo gescheitert,
well déi zoustänneg Ministesch ge-
mengt huet, dass dat net néideg
wär.

Ech wëll also de Mëtteg nach eng
Kéier, no deem Bréif, dee mer ge-
schriwwen hunn, eise Wëlle soen,
dass et déck Zäit gëtt, dass mer
hei um Niveau vum Parlament
eppes maachen. Ech menge mir
kréien eng gutt Geleeënheet am
Rahmen vun der Interpellatioun
Gira, fir iwwert de gesamte Bilan,
wann ech dat gutt verstanen hunn,
iwwer all d'Facettë vun där Année

européenne du handicap hei ze
schwätzen.

Nach virun e puer Deeg, et ass
nach net laang hier, ass en oppene
Bréif vun enger ganzer Rei vun
Associatiounen, déi sech vill Méi
maachen, an et ass keen einfacht
Gebitt, op deem se schaffen, un
déi zoustänneg Ministesch ge-
maach ginn, wou se wierklech de
Virwurf erhliewen, dass déi Integra-
tioun vu Kanner mat spezifesch
Bedürfnisser amgaangen ass zu
enger - ech zitéieren - „traureger
Farce“ auszearten.

Hei geschitt eng Ségrégation sys-
tématique. Déi Projeten, déi vum
Schoulgesetz virleien, dat Recht,
wat mer geschafen haten, wéinst-
ens en Usaz vu Recht, fir dass
d'Elteren och wierklech kënnen mat-
schwätzen, fir net emol ze soe mat
décidéieren, sinn amgaangen a
Fro gestallt ze ginn, ënnerhielegt
ze ginn. Duerfir, mengen ech, ass
et an deem ganze Beräich vun de
behënnerte Persounen ganz héich
Zäit fir déi Diskussioun hei ze féie-
ren an dofir ze suergen, dass mer

5141 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'At-
lantique Nord sur l'accession de la République Slovaque, signé à
Bruxelles, le 26 mars 2003, et

5142 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'At-
lantique Nord sur l'accession de la République de Slovénie, signé à
Bruxelles, le 26 mars 2003
pages 839-847

4929 - Projet de loi autorisant l'Etat à participer au financement des
travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées
générées par les localités regroupées autour du lac de la Haute-Sûre
pages 847-851

4836 - Projet de loi portant approbation de la Convention pour l'unifi-
cation de certaines règles relatives au transport aérien international,
faite à Montréal, le 28 mai 1999
pages 851-852

4874 - Projet de loi portant approbation du Protocole, signé à Mont-
réal, le 24 février 1988, pour la répression des actes illicites de vio-
lence dans les aéroports servant à l'aviation civile internationale,
complémentaire à la Convention pour la répression d'actes illicites
dirigés contre la sécurité de l'aviation civile, faite à Montréal, le 23
septembre 1971
page 852

4941 - Projet de loi sur le raccordement du Grand-Duché de Luxem-
bourg au TGV Est-Européen
pages 852-856

5018 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mars 1970 portant
réorganisation de l'administration de l'Enregistrement et des Do-
maines
pages 856-868

5022 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le
Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago
tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fisca-
le en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et à encourager
le commerce international et l'investissement, signée à Luxembourg,
le 7 mai 2001
page 858

5043 - Projet de loi relatif à l'augmentation du capital de la Banque
Européenne d'Investissement
pages 858-859

Hommage à la mémoire de M. René Burger, député honoraire
page 859

Communications
pages 859-860

5170 - Rapport de la Commission d'enquête "Transports routiers in-
ternationaux"
pages 860-872

Dépôt d'une proposition de loi
page 861

4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant mo-
dification

1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonc-
tionnaires de l'Etat, 2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglemen-
tation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,

3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire so-
cial minimum,

4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds
pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chôma-
ge complet,

5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations fami-
liales et portant création de la caisse nationale des prestations fami-
liales,

6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pen-
sion en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,

7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension
spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que
pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxem-
bourgeois,

8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination
des régimes légaux de pension et

9. du Code des assurances sociales
pages 872-875

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal,
Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:

BRAIN&MORE, agence en communication, Luxembourg

tege Schrëtt an déi richteg Rich-
tung. Ech hunn dann awer 1991,
den 9. Oktober, nach eng Kéier no-
gekuckt wat deemools beim Débat
iwwert den deemolege Projet de loi
3336 zu den Travailleurs handica-
pés gesot ginn ass, an do ass mer
e Saz opgefall, deen ech zum
Schluss wëll zitéieren. Deen huet
Folgendes gesot: „All déi vill a
schéi Rieden, déi bei alle méig-
lechen an onméigleche Geleeën-
heete gehale ginn, hëllefen näischt
wann déi, déi se halen, selwer
duerch hiert Behuele weisen, dass
se net dru gleewen.“

Dee Saz staamt vun der deemole-
ger Rapportrice vum Gesetz. Et
war keng aner wéi d'Kolleeigin
Marie-Josée Jacobs. Ech denken,
wa mer et fäerdeg bréngen an
eisen eegene Käpp och dofir ze
suergen, där Integratioun hei Been
ze maachen, dass mer dann an déi
richteg Richtung ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här
Lux. Déi nächst Riednerin ass
d'Madame Nagel. Dir hutt d'Wuert,
Madame Nagel.

(*Suite de la 71^e séance au
Compte rendu N° 21*)

article 1er de la LBDM. La durée maximale de protection a été fixée à 25 ans à partir du dépôt (15 ans sous l'ancienne LBDM).

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 04.04.2003	
Rapporteur: M. John Schummer	
Travaux de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports (Président: M. John Schummer):	
02.07.2003	Désignation du rapporteur
08.07.2003	Examen du texte du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat
	Présentation et adoption du projet de rapport
Vote en séance publique: 16.07.2003	

5130 - Projet de loi

modifiant le chapitre V „Relations avec les prestataires de soins“ du livre Ier du Code des assurances sociales

L'article 2 du projet de loi introduit l'indexation automatique des tarifs des prestataires de soins exerçant en régime libéral. A cet effet, il modifie l'article 66 du Code des assurances sociales afin de lier les valeurs des lettres-clés des nomenclatures des médecins, médecins-dentistes et des prestataires exerçant une profession de la santé, à l'évolution du nombre indice du coût de la vie et de la valeur du point indiciaire des fonctionnaires.

L'article 6 propose de créer la base légale pour procéder, par dérogation aux conditions de l'article

65, alinéas 6, 10 et 11 du CAS à une adaptation sélective des tarifs de la nomenclature des médecins et médecins-dentistes par voie de règlement grand-ducal, tout en fixant à cette adaptation extraordinaire des tarifs médicaux un plafond de 6,7% de la masse des coefficients servant à la détermination des tarifs médicaux. Cette revalorisation sélective des tarifs correspond à une augmentation moyenne de 6,62%; elle a été évaluée à 6,65 des honoraires pour les médecins et à 6,47% pour les médecins-dentistes. Il s'agit en particulier d'une majoration du tarif des actes techniques pour nuit, dimanches et jours fériés, d'une revalorisation des actes généraux des médecins (consultations des médecins généralistes et consultations dans certaines spécialités) et d'une revalorisation de certains actes techniques des médecins et médecins-dentistes.

Par ailleurs, le projet de loi regroupe certaines modifications ponctuelles du Code des assurances sociales ayant notamment trait aux dispositions relatives au calendrier de négociation.

Dépôt par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 15.05.2003	
Rapporteur: M. Niki Bettendorf	
Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale (Président: M. Niki Bettendorf):	
11.06.2003	Désignation du rapporteur
01.07.2003	Présentation et examen du projet de loi
14.07.2003	Examen de l'avis du Conseil d'Etat
	Présentation et adoption du projet de rapport

Vote en séance publique: 17.07.2003

5143 - Projet de loi

portant modification des articles XXIV et XXX de la loi modifiée du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998

Le projet de loi prévoit la prorogation, au-delà du 31 juillet 2003, des dispositions ayant trait au congé parental. A cet effet, il propose d'abroger l'alinéa 2 de l'article 19 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales, loi introduite par l'Article XXIV de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du PAN 1998.

Par ailleurs, le projet de loi modifie l'article XXX de la loi du 12 février concernant la mise en oeuvre du PAN 1998 afin de proroger à durée indéterminée respectivement à durée indéterminée certaines dispositions dont la validité était limitée au 31 juillet 2003.

Le premier alinéa du nouveau paragraphe (4) de l'article XXX proroge à durée indéterminée la validité des dispositions relatives au sexe sous-représenté, aux incitations financières pour les employeurs et à l'obligation de consigner le résultat des négociations d'une convention collective de travail en matière d'organisation du travail, de formation, d'effort en matière d'emploi et d'égalité des chances entre hommes et femmes.

Le deuxième alinéa du nouveau paragraphe (4) de l'article XXX proroge, pour une nouvelle période de quatre ans, en l'occurrence jusqu'au 31 juillet 2007, la validité des dispositions relatives à l'organisation du travail. A l'instar de ce qui avait été prévu initialement dans la loi du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du PAN 1998, il sera procédé à une évaluation des effets des disposi-

tions en question sur le marché de l'emploi luxembourgeois pour une période d'observation se terminant le 31 décembre 2006.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 20.05.2003	
Rapporteur: M. Marcel Glesener	
Travaux de la Commission spéciale «Plan d'action national en faveur de l'emploi» (Président: M. Marcel Glesener):	
14.07.2003	Désignation du rapporteur
	Examen de l'avis du Conseil d'Etat
	Présentation et examen d'un projet de rapport
	Adoption du projet de rapport
Vote en séance publique: 16.07.2003	

5158 - Projet de loi

portant renforcement du cabinet des juges d'instruction près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Le projet de loi poursuit un triple objectif:

- augmenter, au vu de l'augmentation très substantielle, durant ces dernières années, du nombre des dossiers traitant d'infractions à caractère économique ou financier, le nombre des juges d'instruction du tribunal d'arrondissement de Luxembourg de trois unités, dont deux unités à partir du 16 septembre 2003 et une unité à partir

du 16 septembre 2004; cette augmentation, combinée avec celle prévue pour le 16 septembre 2004 par la loi sur le recrutement pluriannuel du 24 juillet 2001, portera le nombre total des juges d'instruction du tribunal d'arrondissement de Luxembourg, y compris le juge directeur, à treize en septembre 2004;

- permettre à des magistrats plus expérimentés d'être candidats à un poste de juge d'instruction, en permettant également aux vice-présidents du tribunal d'arrondissement de briger un poste de juge d'instruction;

- revaloriser le poste de juge d'instruction directeur près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg, qui, au vu de sa responsabilité particulière, sera désormais classé au grade M5 au lieu du grade M4.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 20.05.2003	
Rapporteur: M. Marcel Sauber	
Travaux de la Commission juridique (Président: M. Laurent Mosar):	
09.07.2003	Désignation du rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'Etat
	Présentation et adoption d'un projet de rapport
Vote en séance publique: 16.07.2003	

MARDI, 15 JUILLET 2003

71^E SÉANCE (SUITE)

Présidence: M. Jean Spautz, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président
M. Paul-Henri Meyers, Doyen d'âge

Ordre du jour (suite)

6. 4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant modification
1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat, 2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,
3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum,
4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,
5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales,
6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,
7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois,
8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et
9. du Code des assurances sociales

(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motions - Votes)

7. 4801 - Projet de loi sur la violence domestique portant modification 1) de la loi du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police; 2) du code pénal; 3) du code d'instruction criminelle; 4) du nouveau code de procédure civile

(Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs et M. Henri Grethen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Suite de la 71e séance du Compte rendu N° 20)

Mme Maggy Nagel (DP).- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Text fir déi handicapéiert Matbierger maache mir jo wierklech e grouesse Schrëtt a Richtung Integratioun. Et ass e Schrëtt, dee mat Rechter a mat Flichte verbonnen ass. Et ass e Schrëtt deen dozou bäidréit, aus

den Handicapéierten en integrale Bestanddeel vun eiser Gesellschaft ze maachen. An et ass e Schrëtt dee weist, datt d'Solidaritéit an eiser Gesellschaft effektiv funktionnéiert an net just en eidelt Wuert ass.

D'Mënsche sinn alleguerter fräi an hunn alleguerenten déiselwecht Rechter a Flichten. Och behënnert Mënschen hunn Usproch, déi voll politesch, wirtschaftlech, kulturell a sozial Rechter ze notzen.

Wa mir vu Chancëgläichheet a Fräiheet an eiser Gesellschaft schwätzen, dann ass dat eppes wat mir besonnesch och bei behënnerte Matmënsche musse bedenken an am alideegleche Mateneen applizéiere mussen. Mir wëssen datt dat méi einfach gesot wéi gemaach ass. Mä mir dierfen et net bei dem Constat loossen. Statistesche Donnéeën weisen eis, datt de Bildungs- a Beschäftigungsniveau bei behënnerte Mënschen an Europa am Duerchschnëtt ganz niddreg ass. Hei schéngt et also esou ze sinn, datt déi eng sozial Schwächt eng aner bedéngt, nämlech d'Aarmutt.

Virun dësem Hannergrond ass dëse Projet, dee mir haut hei diskutéieren, dofir a mengen Aen enorm

wichtig, well e justement dee Cercle vicieux do ze duerchbreche versicht. D'Bildung a Beschäftegung ass bei valide wéi bei invalide Matmënschen de Schlëssel fir déi sozial Integratioun.

Här President, an der sougenannter Déclaration vun Madrid aus deem leschte Joer, déi d'Konklusioun vum europäesche Behënnertekongress beinhalt a wou déi Behënnert selwer Visiounen mat op de Wee ginn hu fir Aktiounen am Kader vum europäesche Joer vun de Mënsche mat Behënnierungen ze starten, kann een nolliesen, datt déi Behënnert eng nei Approche préconiséieren. Et ass eng Approche déi a Richtung Emanzipatioun geet. Et ass eng Approche déi seet, datt de Behënnerten en onofhängege Bierger ass, deen net an alle Fäll Leit brauch déi iwwert hie bestëmmen, mä deen, wann et nëmme méiglech ass, selwer wëll bestëmmen. Et ass eng Approche déi de Behënnerten net als Patient ugesäit, mä als e Mënsch, deen trotz Handicap onofhängeg Entscheedungen treffe kann; als e Mënsch deen et ka fäerdeg bréngen, mat senger Fäegkeeten a mat der Ënnerstëtzung vu sengem Ëmfeld aus der Ofhängegkeet eraus ze kommen.

Mir mussen dës Iwwerleeungen eescht huelen. Mir mussen dofir och eis Approche vis-à-vis vun de behënnerte Matmënschen iwwerdenken, wech vun der gutt gemengter Bevirmondung an der Virsuerg hin zur Selbstbestëmmung, hin zur Participatioun.

An deem Projet sinn esou Elementer vu Participatioun a Selbstbestëmmung enthalten, déi meng Fraktioun begréisst. Ech denken hei zum Beispill dorunner, datt mir richtegerweis net méi bei den Ateliers protégés, déi méi wéi 15 Leit beschäftegen, eng getrennten Delegatioun vun den handicapéierten Aarbechter virgesinn, sou wéi dat bis elo ursprénglech geplangt war, mä datt mir déi Handicapéiert an déi normal Delegatioun integréieren, sou datt sech also hei den Droit commun applizéiere léisst.

Ech denken hei awer och besonnesch dorunner, datt mir dem Conseil supérieur des Personnes handicapées e legale Statut ginn. E Conseil, dee meng Fraktioun als enorm wichtig ugesäit an deen et den handicapéierte Matmënschen erlaabt, hir Intérëten als Konsultativorgan vun der Regierung besser zur Geltung ze bréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konklusioun vum europäesche Sommet zu Lissabon vum 23. a 24. Mäerz 2000 fuerderen déi europäesch Memberstaten dozou op, fir déi sozial Integratioun ze suergen, déi sech duerch d'Beschäftegungs-, d'Bildungs-, d'Ausbildungs-, d'Gesondheets- an d'Wunnenspolitik déclinéiert. Do niest sollen an dese Beräicher prioritär Moossonen fir bestëmmten Zilgruppe geholl ginn, wéi zum Beispill behënnert Matmënschen.

Dese Projet ass esou eng Mesure. D'Rapportrice huet an hirem schrëftlechen a mündleche Rapport, fir deen ech hir am Numm vu menger Fraktioun merci soen, dorop higewisen, datt et hei drëm geet, op där enger Säit déi handicapéiert Matbierger, bei deenen dat méiglech ass, mat engem Salaire a Richtung wirtschaftlech Onofhängegkeet ze bréngen, an op där anerer Säit déi handicapéiert Matbierger, déi net à même si weinst hirem Handicap ze schaffen, aus enger sozial prekärer Situatioun eraus ze huelen.

Ech wëll net méi op all déi eenzel Mesuren agoen, déi mir an der Familljekommissioun an deene leschte Méint diskutéiert hunn. Eent ass awer aus desen Diskussiounen kloer ervirgaangen: Et gëtt immens ënnerschiddlech Situatiounen, an deenen déi Handicapéiert sech befannen. Situatiounen, déi et noutwendeg maachen, datt mir e ganz nuancéiert gesetzlechen Dispositiv fir si en place setze mussen. Et gëtt eben net ee bestëmmten

Typ vun Handicapéierten, mä et gëtt ganz vill Typen, mat ganz ënnerschiddlechen Handicapen, mat enger ganz ënnerschiddlecher Gravitéit, op déi mir ganz differenziéiert Äntwerte musse ginn.

Datt et net eng Äntwert eleng gëtt, kann ee ganz daitlech un den Zuelen an Donnéeën erauslesen, déi am leschte Rapport d'activités vum Familljeministère publizéiert goufen. An erlaabt mir emol an deem Kontext vun deser Plaz aus all deene Leit an Associatiounen am Numm vu menger Fraktioun merci ze soe fir deen Asaz, dee si all Dag am Dénsgsch vun den handicapéierte Matbierger op alle Gebidder weisen. Si verdéngen eis vollsten Unerkennung an Ënnerstëtzung. Et ass wichtig datt et si gëtt an datt si all Dag mat hirem Asaz dofir suergen, datt déi handicapéiert Matmënschen hir Plaz an eiser Gesellschaft fannen.

Et ass dofir och wichtig datt mir eise gesetzlechen Dispositif esou upassen, datt kee vun de behënnerte Matbierger vergiess gëtt oder einfach tëschent Paragraphe fält. Well si sinn déi déi sech net, beziehungsweise am mannste wieren oder hëllef kennen. Dofir muss ee Gesetz och prezis sinn, fir datt op all déi ënnerschiddlech Situatiounen propper ka reagéiert ginn a fir datt en fin de compte kee vun hinnen duerch dat soziaalt Netz fält.

Här President, zu der Philosophie vum Projet ass allgemeng ze soen, datt et richtig ass datt mir, wa mir vun Integratioun schwätzen, den handicapéierte Matmënschen och déiselwecht Rechter a Flichten operleeën. Sou ass et richtig, wann een de Statut als Travailleur handicapé huet, datt ee sech dann och bei der ADEM aschreiw muss an datt een dann net einfach eng Aarbecht refuséiere kann, wa si engem sengen Attituden entsprécht.

Et ass och richtig datt mir op de Wee gaange si fir d'Travailleur handicapés ënnert d'Protection vum normalen Aarbechtsrecht ze setzen a si als normal Salariéen ze behandelen, andeems een hinnen e ganz normale Contrat de travail gëtt.

Am Artikel 6 vum Projet de loi ass virgesinn, datt d'Commission d'orientation et de reclassement professionnel en Travailleur handicapé entweder op den normalen Aarbechtsmaart oder a Richtung Atelier protégé orientéiere kann. Och hei mengen ech, datt mir richtig leie wa mir soen, datt d'Aufgabe vun der Commission médicale an der Commission d'orientation sech net iwwerlappe sollen. D'Commission médicale décidéiert doriwwer, ob een de Statut als Travailleur handicapé kritt oder net, beziehungsweise ob een de Revenu als Personne gravement handicapée kritt. Dat ass eng kloer Léisung am Sënn vun alle Beträffenen.

Et ass och gutt datt mir op Ureegung vum Conseil d'Etat preziséiert hunn, datt déi Entscheedungen vun der Commission médicale periodesch iwwerpréift kënnen ginn, sou datt een effizient dorobber reagéiere kann, wa sech Ännerungen am Laf vun der Zäit erginn hunn, wann d'Aarbechtscapacitéite vun engem Handicapéierte geännert hunn.

Ech erhoffe mir och, datt de Placement vun den Travailleurs handicapés beim Stat, Gemengen an Etablissements publics, awer och bei Privatentreprisen sech an Zukunft nach verbessert. Ronn 50 Leit si jo laut dem Aktivitéitsrapport vum Ministère tëschent 1999 an 2002 beim Stat beschäftegt ginn, woubäi dat uviséiert Zil jo 5% am öffentlechen Dénsgsch ass. Am Privatsektor soll et jo esou sinn, wéi am Artikel 10 preziséiert ginn ass, datt 4% Travailleurs handicapés bei Entreprisen, déi méi wéi 300 Mataarbechter hunn, mussen agestellt ginn, 2% bei deenen, déi op d'mannst 50 Mataarbechter hunn, an 1%, wou bis zu 25 Leit schaffen.

Hei gëtt et ganz sécher nach vill Efforten ze maachen, woubäi mer wëssen, dass d'Schwieregkeet déi ass, fir och genuch Poste fir déi behënnert Leit ze fannen, beziehungsweise d'Aarbechtsbedingungen esou ze adaptéieren, dass si och behënnertegerecht sinn.

Dat ass nämlech a mengen An sécherlech net bei all de Betriber einfach esou machbar, och wann d'Konditiounen fir Travailleurs handicapés anestelle verbessert gi sinn, sief et um Niveau vun deem wat de Stat de Gemengen, den CFL, den Etablissements publics oder de Privatentreprisen zrëckzuele kann, sief et um Niveau vun den Hëllef, déi an Usproch kënnen geholl gi fir d'Aarbechtsplazen unzepassen, oder d'Formatioun, den Transport an esou weider ze organiséieren.

Am Artikel 12 ass de Projet dofir a mengen Aen extrem daitlech vis-à-vis vun den Employeuren aus dem Privatsektor, wou dës musse 50% vun engem Mindestloun all Mount als Kompensatioun un den Trésor bezuelen, wa si hire gesetzlechen Obligatiounen net nokommen, fir Behënnert anzustellen. Dat ass eng Mesure, déi net nei ass, an déi schonn am Gesetz vun 1991 enthalte war. Et bleift awer, dass déi Dispositioun um Pabeier zimlech contraignant ass. Dofir mengen ech, muss een emol ofwaarden, ob se dann och déi gewënschten Effekter erziilt, wa se konsequent applizéiert soll ginn. E Risiko kënn jo dee sinn, dass d'Betriber dann éischter bereet sinn déi Tax ze bezuelen, wéi en Handicapéierten anzustellen, woumadder mer erëm näischt fir déi Handicapéiert gemaach hätten.

En anere Risiko ass awer deen, op deen d'Chambre de Commerce an hirem Avis vum 10. Mäerz 2003 iwwert d'Regierungsamendementen opmierksam gemaach huet, ech zitieren: „Ces dispositions, qui ne tiennent pas compte de la nécessité effective des entreprises du secteur privé d'engager du personnel, sont des dispositions autoritaires, qui ne se soucient pas du fait que les entreprises du secteur privé, qui sont généralement la propriété de personnes privées engageant leur capital personnel en vue de la réalisation d'un objet social déterminé, dans un but lucratif, ne peuvent se permettre une gestion déficitaire sous peine de risquer la faillite avec toutes les conséquences que cela entraîne au niveau de l'emploi du personnel de l'entreprise concernée“.

Ech mengen, dass dës Ausso ëmsou méi beuechtenswäert ass wat de Betrib méi kleng ass. Et muss een also dofir och mat deem néidege Fangerspëtzegefäll a mengen Aen hei virgoen, fir justement net kleng Betriber an déi vun der Chambre de Commerce beschriwwe Situatioun ze bréngen. Doniewent mengen ech, dass dann awer déi öffentlech Hand misst mam gudde Beispill virgoen, an dat heescht, dass si hire Soll vu 5% Prozent sollen erfüllen, ier d'Privatentreprisen zum Bezuele vu Strof-taxen gezwonge ginn.

Här President, ofschléissend wëll ech soen, dass meng Fraktioun ausdrëcklech begréisst, dass mir och deene Leit aus der Prekaritéit eraus verhëllefen, déi esou grave handicapéiert sinn, dass se kenger Aarbecht kënnen nogoen. Duerch d'Schafe vun engem Revenu pour personnes gravement handicapées verhëllefe mir deene Leit zu méi Autonomie an ekonomescher Onofhängegkeet. Datselwecht gëllt och fir déi Leit, déi, obwuel si Travailleur handicapé sinn, keng Aarbecht fannen. Och si wäerten an Zukunft d'Recht hunn op de Revenu pour personnes gravement handicapées, wann hir eege Revenuen ënnert deem Seuil leien.

Här President, ech mengen, dass mir mat deem Projet e wichtige Schrëtt a Richtung méi Autonomie, méi Solidaritéit, méi Unerkennung a méi Partizipatioun vun den handicapéierte Matbierger maachen. Et ass e Projet, deen dozou bäidréit, d'Rechter an d'Flichte vun de validen an invalide Matmënsche kloer ze definéieren, deen d'Leit responsabaliséiert, an deen den allgemengen Zilsetzung vum den handicapéierte Vereenegungen zu Lëtzebuerg an Europa entsprécht. Et ass och e Projet, deen d'Barriären tëschent de validen an invalide Matbierger ofbaut, an deen déi handicapéiert Matbierger net méi als eng Randgrupp vun eiser Gesellschaft, mä méi wéi jee als en integrale Bestanddeel vun eiser Gesellschaft ugesäit.

Dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wëll ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem Projet de loi hei bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Madame Nagel. Nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR). - Merci, Här President, et ass gutt, dass mer kee chargéierte Programm hunn. Da kann ech haut emol eng Kéier an aller Rou meng Riedezäit ganz ausnotzen.

(Interruption)

Jo gutt, wann dat net sollt erwënscht sinn, kann ech mech och méi kuerz faassen. Ech kommen lech gären do entgéint.

Virop wëll ech awer der Madame Rapportrice félicitéiere fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport, wou ech weess, dass deen awer zustane komm ass duerch eng gutt a kohärent Zesummenaarbecht an der zoustänneger Kommissioun.

De Projet, dee mir hei virleien hunn, ass e Projet, deen eng gesellschaftspolitesch Envergure huet, och wann en den Uschäin huet, wéi wann e sech nëmme géif op Ateliers protégés an op d'Aarbechtswelt bezieen. Behënnert ze sinn, egal ob dës duerch en Aarbechts- oder soss en Accident geschitt ass, oder ob een et vu Gebuert un ass, mécht et schwéier sech an onser Gesellschaft zurecht ze fannen, zemools well mer als Gesellschaft vläicht d'Ausmoossen ënnerschätzt hunn, an och Problemer haten, aner Leit, déi e bëssen anescht si wéi mir, ze akzeptéieren, an och vläicht net drop virbereet waren, dass eis schnellieweg, prioritärentéiert an zum Deel rücksichtslos Gesellschaft och kënn Affäre fuerderen. A wéi et eis endlech bewosst ginn ass, hu mer eis awer nach schwéier gedoen, fir eis Infrastrukturen den effektive Bedürfnisser vun de Behënnerten unzepassen. A wann ech vun Infrastrukture schwätzen, dann ass dat esouwuel am Beräich vun öffentleche Gebailechkeeten, Stroosseninfrastrukturen, awer och Ergonomie op der Aarbechtsplaz. Net ze vergiessen, dass all Plan d'aménagement général oder particulier, sief et op Landes-, regionalem oder kommunalem Niveau misst dem Behënnerte senger Bedürfnisser integral Rechnung droen, an dass besonnesch öffentlech Gebailechkeete mussen dem Behënnerten en onkomplizéierten Zougank garantéieren, wat mer jo gesetzlech geregelt hunn a lues a lues schéngen an de Grëff ze kréien, och wann et nach net esou séier virueet.

Et ass bedauerlech, dass mer awer grad bei eis zu Esch mat der Haaptpost, déi eréischt viru Kuerzem renovéiert ginn ass, wierklech en negatiivt Beispill hunn, wéi e Gebai behënnertenongerecht kann ausgesinn, an do schéngt et mer, wéi wann och eng Kéier muss agewierkt ginn, dass dat sech ännert.

Här President, och wat d'Unerkennung vum Statut als Behënnerten

ubelaangt hu mer relativ laang gebraucht, fir déi néideg gesetzlech Kritäre festzeleeën. Et ware ganz oft Privatinitiativen, déi sech an den Dénsgsch vun de Behënnerte gestallt hunn, ier de Stat dann d'Noutwendegkeet vun der Betreierung agesinn huet, an déi néideg Hëllef an Infrastrukturen zougestanen huet, an dofir wëll ech och dat nach eng Kéier hei ënnersträichen, wat hei gesot ginn ass, als Félicitatioun un d'Direktioun vun deenen Organisatiounen, déi sech wierklech fir déi Behënnert agesat hunn, ouni lukrativen Hannergedanken, an dat wierklech ëmmer am Interesse vun der Saach.

Mat deem Gesetz sollen elo verschidde behënnertgerecht Kritäre festgeschriwwen ginn, zum Beispill ënnert wat fir enge Bedéngungen dass een als Behënnerten unerkannt gëtt, wéi een an den Aarbechtsmaart integréiert gëtt, wat d'Responsabilitéit vun de Betriber ass, wien Urecht op eng Indemnitéit huet, a wat fir enger Héicht an esou weider.

Et ass wichtig, dass mir déi kloer Kritären hunn, wien als Behënnerten unerkannt gëtt, well an deem Beräich esouguer déi medezinesch Avisé sech ganz oft widersprechen. Eng medezinesch an Orientierungskommissioun sollen dat elo regelen, andeem se engersäits iwwert d'Unerkennung vum Behënnertestatut befénnt, an anersäits esouwuel de Prozentsaz vun der Behënnierung wéi och de Montant vum Revenu fir de Behënnerte festleet.

Wat mech awer an deem Zesummenhank e bësse stéiert an och net kloer ass, dat ass, dass wann e Behënnerten e Revenu kritt, dass dat wuel net esou gehandhaabt gëtt wéi den RMG, mä dass awer de Stat spéider, wann dee Behënnerten iergendeng Propriétéit oder en Haus zum Beispill huet, dorobber kann zrëckgräfen.

(Interruption)

Mir schwätzen elo hei vun der Ierfschaft, wann e Behënnerten en Haus huet, an e stierft, an et ass en direkten Ierwen do, dann ass et net wéi beim RMG, da gëtt d'Hypothék net iwwerschrivwen, et gëtt keng Hypothék gemaach, dann hëlt de Stat dat Haus ganz. Dat ass an deem Gesetz net kloer, an dat misst Der mer herno erklären, Madame Minister. Do misst awer da Klorheet geschafe ginn.

D'Indemnitéit oder de Revenu vum Behënnerte kann awer nëmmen definitiv festgeluecht ginn, wann dem Behënnerte seng Situatioun sech esou stabiliséiert huet, dass d'Medeziner sech och kënnen festleeën. Am anere Fall kann een nëmmen Iwwerganksmesuren treffen, an do ass et och wichtig, dass an déi Richtung kloer Kritäre virleien. Well just wann eng Situatioun net kloer ass, kënnen duerch Interpretatiounswidderspréich sozial Ongerechtegkeeten entstoen. Dës kënn besonnesch seng Wichtigkeet am Kader vum Gesetz vun der Réinsertion professionnelle, deem neie sougenannten Invalidegesetz, hunn, wou jo déi sollen duerch en Handicap aarbechtsonfäeg Leit erëm an den Aarbechtsmaart integréiert ginn. Dat ass am Fong de Gros vun deene Leit, déi deelweis behënnert sinn, a wou mer solle verséichen, se erëm an de Betrib zrëckzekréien. Hei gëtt et an der Ëmsetzung eng Rei Problemer, besonnesch wat d'Unerkennung vum Handicap an d'Reintegratioun an d'Aarbechtswelt ubelaangt.

Och wann elo vun den zoustänneger Ministeren eng Revisioun vun deem Gesetz ugekënnegt ginn ass, mussen déi nei Mesuren och integral mat dem Gesetz, wat mer haut stëmmen, iwwerenee stëmmen.

Et ass wichtig, datt e Behënnerten eng Aarbecht kritt, déi senger Capacitéiten entsprécht, eng Aarbecht déi em seng Selbstwäertgefiller erëmgëtt, an domadder och säi Selbstvertraue stäerkt. Et ass

normal, datt wann eng adequat Aarbecht do ass, e se muss unhuelen, datt en erëm en integrale Bestanddeel vum normale Berufsliewen an domadder vun der Gesellschaft gëtt. Dofir ass et wichteg, datt kloer ass, datt déi Ateliers protégés als Iwwergangsléisung ugesi gi fir de Behënnerten erëm ze integréieren.

De Problem, dee mir natierlech an de Betriber hunn, ass, datt si et elo schonn net fäerdeg brénge Leit, déi an hirem Betrib geschafft hunn a behënnert gi sinn oder eng Invaliderent kritt hunn a wëllen erëmkommen, erëm ze integréieren, awer mat alle Moyene versiche sech deene Leit ze entleedegen, an dofir wäert et ganz schwéier si fir Behënnerten ze integréieren.

Wat och richteg ass, ass datt déi Modalitéite bestoe bleiwen a souguer ausgebaut ginn, déi dem Employeur opdroen, en Deel vu Behënnerten a sengem Betrib ze beschäftegen, fir zu enger Integratioun vun de Behënnerten an der Aarbechtswelt bäizedroen, well behënnert kann ee jo och ginn duerch den direkten Impakt vu senger Aarbechtsplaz, duerch Emweltschied, déi duerch Industrie verursaacht ginn, respektiv Berufskrankheeten, déi duerch den Aarbechtsloflaf provoziert gi sinn. Et ass also nëmmen normal, datt hei eng kollektiv Responsabilitéit gefuerdert gëtt, wou och den Employeur säin Deel muss iwwerhuelen. Ech deelen do guer net d'Appréciatioun vun der Chambre de Commerce, déi mengt, d'Betriber géifen dodru Faillite goen. Ech mengen, datt ass net de Fall. Et ass nach kee Betrib un engem Sozialan Aarbechtsrecht Faillite gaangen. Au contraire, de soziale Bäitrag an och de Bäitrag fir sozial Integratioun mussen eng Pflicht fir d'Betriber sinn.

De Stat gëtt mat engem Prozentsaz vu 5% Behënnerte vu senge Beschäftegten an den Institutione sollicitéiert, während am Privatsecteur e variablen Taux jee no der Gréisst vum Betrib festgeschriwwen ass. Betriber mat iwwer 25 Beschäftegte mussen ee Behënnerte beschäftegen. Iwwer 50 sinn 2% vun der Belegschaft gefuerdert, an iwwert 300 4%, wann d'ADEM behënnert Salariéen ageschriwwen huet, déi de spezifische Betribsbedürfnisser entspriechen. Dat ass awer am Fong eppes, wat ee mer nach muss erklären, wann d'ADEM behënnert Salariéen ageschriwwen huet, déi de spezifische Betribsbedürfnisser entspriechen. Esou steet et wuel am Gesetz, mä do hätt ech awer gären eng Prezisioun, wat domadder gemengt ass. Wann d'ADEM keng huet, dann ass de Betrib net sollicitéiert, oder ech hunn iergendeppes falsch verstan.

Wann e Betrib natierlech méi wéi déi verlaangte Quot vu Behënnerte beschäftegt, ass et scho richteg, datt en iwwert de Wee vun der Décharge vun der Part patronale bei der Sozialversécherung belount gëtt. Et ass nëmme richteg, datt dat soziaalt Engagement belount gëtt, besonnesch wann et am Zusammenhang mat Behënnerten a sozial Benodeelegte steet.

Och d'Verpflichtung vun den Employeuren dem Arbeitsamt Plazen ze mellen, déi eventuell vu Behënnerte kënnte besat ginn, ass eng sozial wichteg Measure, mä schéngt mer awer an der Praxis schwéier novollzéibar.

All dës Mesurë kënnen awer nëmmen duerch eng gutt strukturéiert Motivatiouncampagne bei den Employeuren zum Droe kommen, well och wann am Gesetz Strofe festgeluecht gi fir déi Employeuren, déi sech net deene Bestëmmungen ënnerwerfen, ass et doch awer gewosst, datt ee mat Knëppele keng Vulle fänkt.

Motivatioun, awer doniewent och Kontroll sinn ubruecht, fir dës Mesuren an d'Praxis ëmzesetzen. Kontroll dierf awer net nëmmen eng Aufgab vun der ADEM oder

der Gewerbeinspektioun sinn, dës Kontroll misst eigentlech och eng Aufgab si vun de Personaldelegatiounen, oder besser nach, si kéint eng Aufgab vun den Délégués à l'égalité des chances an de Betriber sinn. Ech sinn nämlech net der Meenung, datt déi Delegéiert sech just ëm d'Gläichberechtigung tëschent Mann a Fra solle këmmen. Hir Aufgab kéint oder misst souguer sinn, sech och ëm d'Integratioun vun de Behënnerten ze këmmen, fir datt am Kader vun der Integratioun vun de Behënnerte gläichberechtegt Chancen am Betrib garantéiert ginn. Dat wär also och eng Aufgab vun den Délégués à l'égalité. Déi missten da mam Employeur zesumme kucken, wou een nach kéint Behënnertersetzen, well si jo de Betrib awer am beschte kennen.

Am Gesetz iwwert d'Réinsertion professionnelle sinn zum Beispill d'Kritäre festgeluecht un Hand vun deenen den Employeur muss mat dem Aarbechtsmedeziner zesummen analyséieren, wou ee kéint Behënnerters ennerbréngen. Dat ass awer haaptsächlech geduecht fir Salariéen, déi schonn am Betrib geschafft hunn, an duerch eng länger Krankheet oder en Unfall behënnert erëmkommen. Dat Gesetz hei soll dës generaliséieren am Kader vun deem bestëmmte Prozentsaz vu Behënnerten, déi ee muss beschäftegen, awer och am Kader vun der Ergonomie muss dofir gesuergt ginn, datt dem Behënnerte seng Aarbechtsplaz senge Besoinen ugepasst gëtt.

Och wär et eng Missioun vun den Délégués à l'égalité mat dofir ze suergen, datt Behënnert, déi duerch en Aarbechtsonfall oder en Accident an de Betrib wëllen zrëckkommen, erëm kënnen opgeholl ginn, wat net ëmmer de Fall ass. Dofir misst och eng Kéier gekuckt ginn, wéi d'Betriber dat kënnen maachen an d'Moyene misste geschafe ginn, datt se zumindest déi Leit erëmhuelen, déi bei hinnen am Betrib waren. Dofir misst den Délégué à l'égalité awer am Virfeld consultéiert ginn, ier e Betrib kann den zoustännegen Instanze matdeelen, ob Plaz ass fir behënnert Leit oder net. Dës Kontrollmechanismus feelt an dësem Gesetz, esou wéi en och am Gesetz iwwert d'Réinsertion professionnelle net virgesinn ass.

Wa mer wierklech wëllen, datt eng optimal Integratioun vun de Behënnerten an d'Berufswelt soll garantéiert sinn, da mussen all d'Mechanismen anenaner gräifen, an zu deene Mechanisme gehéieren och d'Verrieder vum Personal an de Betriber, besonnesch d'Délégués à l'égalité des chances - ech kommen ëmmer erëm drop zrëck -, déi domadder vläicht méi Aarbecht kréien, Aarbecht déi awer menger Usicht no an hir Kompetenz fällt, wat awer natierlech bedéngt, datt se dann eng spezifesch Formatioun musse kréien, wa se där zousätzlecher Verantwortung solle gewuess sinn, Formatioun am Beräich vun Ergonomie, am Behënnerteberäich an och eng Formatioun fir mat Mënsche kënnen ëmzegoen, déi e schwéiert Schicksal hanneru sech hunn.

Et dierf een net vergiessen, datt all Betrib profitorientéiert ass, an dofir och vun de Behënnerten en Deel Leeschtung verlaangt ass, Leeschtung, déi se awer nëmme kënnen bréngen, wa se optimal encadréiert sinn, well och wa mer eng Kommissioun hei duerch d'Gesetz kreéiere fir d'Integratioun vu Behënnerten an d'Aarbechtswelt, geet awer näischt iwwer eng direkt Betreierung um Terrain. Mir missten an deem Sënn zousätzlech légiféieren a Moyene schafen, déi et de Personaldelegatiounen an de Gläichheedsdelegéierten et géingen erméiglechen, d'office an d'Kontrollmechanisme vun der Integratioun vun de Behënnerten implizéiert ze ginn, an dofir wëll ech hei eng Motioun deponéieren, déi d'Regierung opfuerdert an deem Sënn ze légiféieren, datt och

d'Personaldelegatiounen kënnen an der Integratioun vun de Behënnerten d'office implizéiert ginn. Dës soll am Fong als eng vun den Aufgaben vun de Personaldelegéierte bei der Reform vun der Gesetzgebung iwwert d'Personaldelegatioun erabruucht ginn.

Motion 1

D'Volleksverriederkummer

an der Suerg eng optimal Integratioun vu Behënnerten an d'Aarbechtswelt ze garantéieren;

stellt fest, datt d'Personaldelegatiounen am Betrib selwer keng direkt Kontrollméiglechkeet am Zusammenhang mat der Integratioun vun de Behënnerten hunn;

an der Iwwerzeegung, datt en direkt Abanne vun de Personalverrieder bei der Integratioun vu Behënnerten an d'Betriber seng Wichtigkeet huet;

fuerdert d'Regierung op

gesetzlech Méiglechkeeten ze schafen, déi et de Personalverrieder, respektiv den „délégués à l'égalité des chances“ am Betrib erlaben, vu vieren an d'Kontrollmechanisme vum Integratiounsprozess vun de Behënnerten implizéiert ze ginn;

de Personaldelegéierten, bei engem Refus e Behënnerten erëm am Betrib ze beschäftegen, en Asprochrecht zouzegestoen.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes.

Här President, wa mer de Behënnerten an d'Aarbechtswelt integréiert hunn, ass eis Missioun awer net um Enn, well en och muss op d'Aarbecht kommen, an do spillen aner Facteuren eng wichteg Roll. Et geet schonn doheem un, wou de Behënnerte sech muss fräi kënnen beweegen an de Wee op d'Aarbecht lichter kann ugoen. Do stellt d'Fro sech, ob all Behënnerten d'Méiglechkeet huet seng Wunneng no senge spezielle Bedürfnisser auszubauen. Si mer am Kader vun der Pflegeversécherung esou wäit, datt mer dës kënnen all Behënnerte garantéieren? Wa mer de Rehazenter endlech kréien - ech hoffen, datt dat iergendwann eng Kéier geschitt - si mer dann à même genau wéi zu Nottwill an der Schwäiz de Behënnerten esou ze encadréieren, datt während där Zäit wou en am Rehazenter ass, seng Wunneng scho senge Bedürfnisser ugepasst gëtt, fir wann en do eraus kënnt seng Wunneng him ugepasst ass, ouni datt et en awer zousätzlech eppes kascht?

Wann de Behënnerten da vun doheem fortfiert oder fortgeet fir op seng Aarbecht, sinn all Viraussetzungen do, fir him ee problemlose Wee op d'Aarbecht ze garantéieren? Si beim Betrib, wou e schafft, Plaze fir Behënnerters virgesinn, fir datt en esou no wéi méiglech bei seng Aarbechtsplaz eru ka kommen? Ass den öffentliche Transport esou ausgebaut, datt him déi Méiglechkeete gi sinn? Ass den Zougang an de Betrib behënnertgerecht ausgebaut?

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dat sinn alles Problemer, déi mir scho säit Jore versichen ze léisen, mä et wäert awer nach e laangwierige Prozess ginn, an deem all sozial a wirtschaftlech Komponente mussen anenaner gräifen, fir datt dat ka méiglech sinn.

Här President, mir hu schonn eng Rei Gesetzter verabschiedet fir alle Matbierger eng optimal Integratioun an eis Gesellschaft an eis Aarbechtswelt ze garantéieren.

Dës Initiativen dierfen och no dësem Gesetz net ophéieren, well sech ëmmer nei Erausforderunge

stellen. Eis Gesellschaft ass schnellieweg. Eis Ëmwelt- an Aarbechtsbedingunge ginn ëmmer méi schlecht, anstatt besser. De Profit steet leider virun der Gesondheet. De Partikularegoismus steet ëmmer méi iwwert der Nächsteléift. D'Isolatioun an d'Depressioun sinn negativ Aspekter an eiser Gesellschaft. Dat ass haut net méi ze verleegeen.

Gesetzter wéi dat heite sollen deem Ophëllef bréngen, mä dës kann nëmmen duerch e Mentalitéitswiessel an eiser Gesellschaft erreecht ginn. D'Joer vun de Behënnerten soll eis also als Denkestouss déngen. Ech hoffen, dass d'Motivatioun fir ze hëllefen a fir och an deem Sënn weiderzefueren net an der Silvesternuecht vum Joer 2003 am Schnaps verleeft. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG).- Merci, Här President. « Mat dësem Gesetz si mer Virrieder an Europa », huet d'Madame Marie-Josée Jacobs gemengt wéi se eis an der Familljekommissioun de Projet de loi, dee mer haut wäerten ofstëmmen, presentéiert huet. Et stëmmt, dass hei um materielle Plang behënnert Persounen als Aarbechtskräfte gläichgestallt ginn an dat wäert sech ganz sécher och op hir sozial Situatioun positiv auswirken, an dat ass och de Grond firwat mir dës Projet selbstverständlech kënnen mat stëmmen.

Ech mengen awer, datt et sech hei ëm eng agegrenzte Vue vum Problem handelt, dass d'Problematik vum Aarbechtsliewen eigentlech méi vaste ass wéi dat Feld, dat deen heite Projet de loi ofdeckt. An ech wëlt hei nach eng Kéier en Zitatz bréngen, wat ech schonn op dëser Tribün bruecht hunn, vum Josef Hecken, dem saarländesche Staatssekretär fir d'Ëmsetzung vum Gläichstellungsgesetz op Landesebene, deen am März bei enger Konferenz um Kierchbiere gesot huet: „Vom Tollhaus des 19. Jahrhunderts zur Werkstatt für Behinderte, das kann nicht der ganze Weg sein, sondern höchstens eine Zwischenstation.“

Hien huet gemengt, dass Ënnerdrückung sech och a ganz subtiler Form als Verdrängung vun de Behënnerten aus der Gesellschaft kéint äusseren. Ech wëll net esou wäit goe fir ze soen, dass en Atelier protégé esou eng Form vun Ënnerdrückung wär, mä et bestinn awer eng ganz Rei Risiken, wann ee sech ze vill op deem Terrain beweegt, fir behënnerte Leit Aarbechtsméiglechkeeten an Ateliers protégés ze ginn, während awer am „richtegen“ Aarbechtsliewe keng Moossnamen zur Integratioun geholl ginn. Ech wëll mech dofir och net mam Gesetz selwer befaassen oder nëmme ganz weineg, wat mer haut solle stëmmen, wou mer wéi gesot mat der Approche averstane sinn, mä vill méi mat deem wourop dës Gesetz net ageet.

Fir d'éischt emol fir unzefänke vläicht de Constat, datt et zu Lëtzebuerg am Beräich vum Handicap nach ëmmer eng ganz Rei vu Gesetzeslücke gëtt. Et gëtt zwar eng Rei vu Gesetzter, mir hunn der och an der lescht gestëmmt wéi dat iwwert den Zougang zu den öffentliche Gebaier. En eelert Gesetz aus de 70er Joren ass dat iwwert d'Schoulpflicht fir behënnert Kanner an et gëtt nach verschidden anerer, mä et ass awer scho vun enger Rei vu Leit festgestallt ginn, dass mir zu Lëtzebuerg keng Loicadre hunn, déi och e globaalt Konzept géif liwwere fir d'Integratioun vun de Behënnerten an eis Gesellschaft. Ech denken, dass mäi Kollege Camille Gira, wann hien am Hierscht seng Interpellatioun hei hält, och nach eng Kéier op dee Sujet wäert zrëckkommen.

Esou eng Loi-cadre ass zum Beispill elo an Däitschland agefouert ginn. Ähnlech Texter gëtt et schonn an den USA an och an England. Déi Gläichstellungsgesetzter gi vun der Prémisse aus, dass net e kierperlecht oder psychesch Leiden d'Behënnierung duerstellt, mä dass d'Ausgrenzung vun der Ëmwelt opgrond vu spezifesch perséinleche Bedürfnisser am Fong d'Behënnierung ass.

Déi Gesetzter hunn dann och dräi Haaptziler: Éischtens déi gläichberechtigt Participatioun um gesellschaftleche Liewen. Zweetens d'Besäitegung vu Benodeelegungen an drëttens d'Recht op e selbstbestëmmend Liewen.

Konkret bedeit dat dann och, dass öffentliche Gewaltenträger sech mussen verpflichte fir, wat an Däitschland genannt gëtt, d'Schaffung vu Barrierefreiheit, zum Beispill beim öffentlichen Transport, beim Zougang zu Bauten, beim Zougang zur Schoul an zur Universitéit, bei de Medien oder och fir an de Wahlbüro. Dat heescht awer och, an domat wär ech dann erëm beim Sujet, deen eis haut méi spezifesch interesséiert, e gläichberechtigten Zougang zur Berufswelt. A wann deen heite Projet fir eng finanziell Gläichstellung an Unerkennung sécherlech ganz sénnvoll ass, dann ännert en awer net onbedéngt eppes Substantielles um Zougang zur Berufswelt fir behënnert Leit.

Den Här Lux war esou fein an hat virdu schonn op meng Question parlementaire higewisen. Ech wollt do och nach eng Kéier méi am Detail drop agoen. Ech hat nämlech gefrot awéiwäit dat Gesetz vun 1991, wat jo eng Aart Quotesystem virgesäit, eigentlech géif applizéiert ginn.

Do ass mer zum Beispill geäntwert ginn, dass mer Enn 2002 souzoesen 2.800 unerkannten Travailleurs handicapés haten. An aneren Texter fanne mer, datt mer an deemselwechte Joer oder Enn 2002 280 Chômeurs handicapés haten. Wann een do d'Rechnung mécht, da kënnt een op e Chômagegetaux vun 10%. Wahrscheinlech läit en awer vill méi héich, well eng Rei vun deene Leit, déi an den Ateliers protégés sinn, eigentlech léiwer wëllten um éischten Aarbechtsmaart schaffen. Dobäi kënnt dann nach, dass eng ganz Rei vu Leit sech net an de Chômage mellen, well se vläicht och eng ganz Rei vu Mesuren einfach emol guer net an Usproch huelen.

Ech wëll vläicht do dann och en Zitatz aus där Äntwert op meng Question parlementaire ginn, wat mer awer eng ganz Rei vu Froe schéngt opzewerfen. Hei steet dann: « Depuis l'entrée en vigueur de la loi du 1^{er} janvier 1992 jusqu'au 30 septembre 2002, le service des travailleurs handicapés de l'administration de l'emploi n'a pas encore eu à traiter avec des employeurs refusant de respecter l'obligation légale d'embauche de travailleurs handicapés.“

Et ass virdu jo erkläert ginn, dass eigentlech d'Employeure gehale sinn déi Quot ze erfëllen, a wa si dat net maachen, da mussen si eng Strof bezuelen. Wat heescht awer elo dee Saz - an d'Madame Familljeministerin ka mer e vläicht herno erklären? Heescht dat, dass d'Employeure souwisou all hir Strofe bezuelen, déi déi sech net dorunner halen? Oder gëtt net kontrolléiert? Ech fäerten, dass et dat zweet ass an ech wäert herno nach en anert Zitatz zu deem Thema bréngen.

An där Äntwert op meng Question parlementaire steet awer och, dass 1995 dee leschten a wahrscheinlech och eenzege Recensement gemaach ginn ass zu deem Sujet. Wann ee sech dann de Plan d'action ukuckt vun 1997, da fënnt een do eraus, dass net nëmmen de Stat, d'Gemengen an d'Etablissements publics sech net un déi Quot gehalten hunn, dat kréie mer och schonn an der Äntwert op d'Ques-

tion parlementaire gesot, mä dass 25 bis 30% guer net geäntwert hunn. Dass am Secteur communal bei deenen, déi da geäntwert hunn, 52 Persounen agestallt waren - dat wier en Taux vun 0,82% -, an am Secteur public 101; dat wier en Taux vun 2,83%.

Deemools war d'Situatioun wahrscheinlech nach vill méi esou, dass vill Leit eben net am Chômage gemellt waren, respektiv iwwerhaapt emol net den Usproch op eng Unerkennung als Travailleur handicapé erhuewen hunn, esou dass déi Zuele vläicht och mat Virsiicht ze genéissee sinn. Mä trotzdeem seet et eppes aus iwwert déi Situatioun deemools.

Et kënn dann nach e ganz interessant Zitat dobäi iwwert de Secteur privé, dat liesen ech lech och vir: «Les membres du groupe de travail estiment que des modifications législatives introduites par le ministre compétent puissent» - an iwwert dee Subjonctif kann ee sech vläicht och nach Gedanke maachen, wat deen eigentlech op dëser Plaz ausseet - «contribuer à promouvoir la politique en matière d'intégration professionnelle des travailleurs handicapés (par exemple mettre en application l'article 10 de la loi sur les travailleurs handicapés, à savoir le versement d'une amende au trésor public en cas de non-respect des quotas d'emplois).» Meng Interpretatioun dovunner ass, dass dat effektiv weder kontrolléiert nach agehale gëtt, déi Saach mat deene Strofen.

Ech fannen et och ganz erstaunlech, datt am Fong eréischt zënter dem leschten Oktober, nämlech an deem Gesetz wat hei gestëmmt ginn ass iwwert d'Incapacité de travail et la réinsertion professionnelle, festgehalen ginn ass, datt vun elo un emol géife Rapporté gemaach ginn iwwert d'Anale vum der Astellungsobligatioun. Ech weess net, ob entre-temps schonn Zuelen do zu Stane komm sinn. Zënter dem Oktober si jo schonn eng Rei vu Méint vergaangen, an ech géif eigentlech mengen, do hätt scho kënne Verschiddenes geschéien.

Ech géif dann awer dovun ausgoen, dass do nach keng Auswärtung stattfonnt huet, an an deem Sënn hunn ech och eng Motioun préparéiert, déi am Fong op déi Punkten do ageet an déi net nëmme seet, dass soll e Rapport gemaach ginn iwwert d'Evolution statistique an deem Beräich, an dat net nëmme fir déi lescht Joren, mä da vläicht vu '95 un, fir datt mer och eng kleng Vergleichsbasis hunn, an déi och géif differenzéieren tëschent dem Secteur public a privé an och d'Zuelen uginnt iwwert déi Leit, déi an den Ateliers protégés schaffen.

Da froen ech och an där Motioun, dass soll eng Evaluatioun gemaach gi vun där Applicatioun vum Artikel 10, an dann nach dobäi, dass d'Regierung eis Propositione presentéiert, vu datt mer elo hei gesinn dass deen Artikel 10, respektiv d'Anhalen vun deem Quotessystem bis elo net gutt fonctionnéiert huet, ob een net awer muss iwwer méi contraignant Mesuren nodenken, respektiv méi streng Sanktiounen, dass d'Regierung eis do soll Propositione virleeën.

An déi lescht Fuerderung, déi an där Motioun enthalten ass, dat ass déi fir nozedanken iwwert d'Méiglechkeeten, ob een déi Mesures contraignantes net awer och misst op de Secteur public ausdehnen.

Motion 2

La Chambre des Députés, considérant

- que la loi du 12 novembre 1991 sur les travailleurs handicapés prévoit un quota d'emploi concernant les personnes handicapées;

- que cette obligation d'employer un certain nombre de personnes handicapées incombe aussi bien aux services publics qu'au secteur privé;

- que l'article 10 de ladite loi prévoit qu'en cas de refus d'un employeur du secteur privé d'embaucher le nombre prescrit de handicapés, une taxe de compensation équivalente à 50% du salaire social minimum est à verser chaque mois au Trésor public par ledit employeur";

- que cette obligation légale d'embauche n'a jusqu'ici fait l'objet que d'un seul recensement, à savoir en 1995;

- que ce recensement a montré que l'obligation légale d'embauche n'a pas été respectée dans le secteur public;

- que la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle prévoit que „le service des travailleurs handicapés de l'Administration de l'Emploi établit des rapports sur le respect ou non par l'employeur des obligations d'emploi de travailleurs handicapés";

invite le Gouvernement

- à lui présenter dans les meilleurs délais un rapport sur l'évolution statistique depuis 1995 de l'embauche de personnes handicapées en différenciant entre les secteurs public et privé ainsi que les ateliers protégés;

- à lui présenter dans ces mêmes délais une évaluation de l'application de l'article 10 de la loi de 1991;

- à lui présenter, face à l'inefficacité de la loi de 1991, des propositions de mesures plus contraignantes voire de sanctions plus sévères pour transposer l'obligation d'embauche;

- à réfléchir sur les possibilités d'étendre les mesures contraignantes au secteur public.

(s.) *Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Här President, et ass nämlech duerchaus och denkbar, an an Däitschland hunn ech dat gesinn, dass am Secteur public och Strofe verhaange ginn. Ech weess net ob si en anere System hu wéi mir, mä si bréngen et op all Fall fäerdeg fir och bei den öffentleche Betriber Strofen ze verhängen. Wéi déi dann iwwerwise ginn oder ob se einfach am Budget ofgehalen ginn, dat kann ech leider net feststellen.

Mä wat awer interessant ass, dat ass datt, wann d'Patronen hir Suen net iwwerweisen, dann och en Zahlungsbescheid kënn an datt dann d'Suen agedriwwen ginn, souwuel bei private wéi eben och bei öffentleche Patronen. An dat schéngt mer zum Beispill eng Suggestioun ze sinn, déi een awer kéint opgräfen, wann ee sech Gedanken driwwer mécht, ob een dat '91er Gesetz net soll iwwerschaffen.

Ech wéilt hei eng Klammer opmaachen. Ech krut vu kompetente Leit gesot, dat '91er Gesetz géif et no dësem Dag net méi ginn. Effektiv gëtt dat abrogéiert an an engem vun deene leschten Artikelen, an deem Artikel deen duerno kënn, gëtt awer gesot, dass déi heite Mesurë bestoe bleiwen. Sou datt mer awer wësse wouvun datt mer hei schwätzen.

Mir sinn also ganz kloer der Meinung, dass eng Reform vum 91er Gesetz sech opdrängt an d'Fro muss awer hei ganz haart gestallt ginn: Firwat ass dat net am Kader vun dësem Gesetzesprojet, dee mer haut stëmmen, geschitt? Firwat ass déi dote Problematik einfach ausgeklamert ginn?

Vläicht an deem Kontext och e kuerzt Wuert zum Avis vun der Chambre de Commerce. Ech hunn dat extrem grave fonnt wat déi Chamber hei zu deem Thema ze soen hat, haaptsächlech eben och zu der Problematik vun de Patronen, dass déi kënnen do sanktionéiert ginn, wa se hir Quot net erfüllen. Do gëtt am Fong déi ersatzlos Sträichung vun deene Mesuren, déi an deem Gesetz virgesi sinn, gefuerdert. Sou wéi wann dee

Problem d'Patronen näischt géif ugoen. Sou wéi wann et keng sozial Verantwortung vun de Betriber hei zu Lëtzebuerg géif ginn.

Här President, ech wéilt just eng Klammer och zum Projet de loi selwer opmaachen, vun deem mer haut eigentlech schwätzen, an dat ass d'Thema vun der Personaldelegatioun. Den Här Jaerling hat dat elo grad ugeschwat. Effektiv stelle sech do Problemer. Am Ufank war jo virgesinn, dass eng spezifesch Delegatioun fir déi handicapéiert Leit géif agefouert ginn. A wéi ech d'Texter gelies hunn, an och verschidde Virriedner hei gehéiert hunn, oder Virriednerinnen, dunn hunn ech am Fong gemierkt, datt do haaptsächlech ëmmer un d'Ateliers protégés geduecht ginn ass. Wann een den Text zwar liest, dann denken ech géif sech dat och op normal Betriber applizéieren. Mä d'Fro stellt sech op alle Fall generell, well mer elo einfach erëm zrëckkomm sinn op den Droit commun, also keng spezifesch Delegatioun fir handicapéiert Leit virgesinn hunn, wéi datt se da vertrauede wäerte sinn. Ob et esou evident ass, datt si ëmmer gewielt ginn an eng Personaldelegatioun. Wéi si kënnen an déi Personaldelegatioun erakommen, wann en net awer do och spezifesch Mesurë virgesäit.

An do wär mäi Wonsch am Fong, dass mer vläicht och nach eng Keier géifen driwwer nodenken - den Här Jaerling huet gemengt, dat kéint een an deem anere Gesetz iwwert d'Personaldelegatioun maachen -, wéi een do kéint awer Weeër fannen, fir dass dat garantéiert ass, dass behënnert Leit an de Betriber, besonnesch an deene grouse Betriber, dann awer d'Méiglechkeet hunn, iwwert d'Personaldelegatioun och hir Rechter vertrauden ze kréien, an dat geet am beschte wa se selwer Member si vun där Personaldelegatioun.

Déi Iddi vum Här Jaerling, fir d'Chancéglaichheetsbeoptragt mat deem Thema ze befaassen, déi muss ech allerdéngs ganz staark réfutéieren. Ech mengen dass dat zwee verschidden Theme sinn. Ech mengen och, datt d'Chancéglaichheetsdelegéiert, wa si hir Aarbecht gutt maachen, ganz vill Aarbecht hunn a mat där Aarbecht agedeckt sinn, an datt et iwwregens och aner Aarbecht ass, quitte datt et op verschiddene Punkten Analogie gëtt. Mä fir beim Thema Behënnerteng eng Integratiounsaarbecht ze maachen a sech fir déi Leit op enger Aarbechtsplaz anzesetzen, do geet et ëm ganz konkret Mesuren, wéi zum Beispill technesch Adaptatiounen vun Aarbechtsplazen, vun Aarbechtsinstrumenter, ëm den Accès zu Betriber. Dat huet eigentlech guer näischt mat där anerer Thematik vun der Gläichstellung vu Fraen a Männer ze dinn. Sou datt ech awer géif dofir plädéieren, dass een déi zwou Saachen ausenaner hält.

Här President, e Punkt dee mir och ganz wichteg ass, an deen ech och déi leschte Keier ugeschwat hat, wéi mer iwwert dat Altersheim fir behënnert Leit geschwat hunn, dat ass d'Abzéiung vun de Beträfenen an de Gesetzgebungsprozess. Ech hat virdrun dat däitsch Gesetz zitéiert. Wéi mer där Konferenz am Mäerz nogelauschtert hunn, krute mer och do gesot, dass d'Behënnerteverbänn un deenen Texter net nëmme matgeschafft hätten, mä datt se se zum Deel selwer geschriwwen hätten. Hei konnte mer elo liesen, dass de Conseil supérieur am Oktober 2002 en Avis ofginn huet. Dat fannen ech och ganz gutt esou. Mä d'Fro ass awer trotzdeem, ob een do net nach e Schratt méi wäit kéint goe wéi datt dee Conseil supérieur nëmmen därer Avisen ofginn, mä ob en net selwer méi wäit nach kéint Initiativen huelen, respektiv méi wäit nach agebonne ginn an deen Dis-

kussiounsprozess ronderëm esou Projets de loi. An ech stelle fest, dass och an deem heite Beräich mir als Parlament et net fäerdeg bréngen, fir zum Beispill Delegatioun vu behënnerte Verbänn an eiser Kommissioun ze empfänken. Ech mengen dass dat vill Problemer géif méi lichter léisbar maachen, wann ee mat deene Beträffene selwer kéint iwwert déi Theme schwätzen, déi hinnen um Häerz leien, a wou si och wahrscheinlech am beschte wëssen, wéi se kéinte geléist ginn.

Här President, ech hat virdrun scho vun deem däitsche Gesetz geschwat, wat dat a puncto Aarbechtssituatioun aneres bitt wéi bei eis. Ech brauch dorobber net méi anzegoen. Wat awer do interessant ass: Dat Geld wat do agezu gëtt, wann d'Patronen net bezuelen, dat fléisst an e spezielle Fong, an och dat wier eng interessant Iddi. Well dee Fong, deen ass geduecht fir d'Integratioun vu behënnerte Leit am Aarbechtsslieden an dee gëtt och géréiert vu sougenannten Integrationsämter. Dat heescht dat si Servicer, déi wierklech dofir do sinn an déi och dat Geld ganz geziilt kënnen asetzen, sou datt een do also wierklech aus deem Gesetz, wat mer schonn hunn, e ganz interessant Instrument kéint maache fir Integratiounspolitik ze bedriewen.

Ee Punkt vläicht, deen haut guer net ugeschnidde ginn ass, deen och am Gesetzesprojet net ugeschnidde gëtt, mä deen ech awer net oninteressant fannen: Am däitsche Gesetz ginn och speziell Mesurë proposéiert fir d'Förderung vu behënnerte Fraen am Aarbechtsslieden. Et schéngt esou ze si wéi wa grad och behënnert Frae vum Chômage staark beträff wäeren. Och dat wär vläicht interessant ze wëssen, wa mer Statistiken hätten oder géifen opstellen, da wär et vläicht gutt och do no Geschlecht ze differenzéiere fir mol ze gesinn, ob mir déi Problematik zu Lëtzebuerg och hunn an ob een och vläicht muss méi geziilt fir behënnert Frae Förderungsmesurë virgesinn.

An dann hat den Här Lux virdrun nach ee Stéchwuert hei an d'Debatt geworf, dat vun der Schoul. Elo kéint ee soen, dat gehéiert net méi zum Thema vun haut, mä ech hu mer awer iwwerluecht, dass dat ganz enk mat der Aarbechtssituatioun vu behënnerte Leit zesummenhängt. Wann et nämlech keng Integratioun am schoulesche Secteur gëtt, dann hu mer schonn eng ganz Phas vu Geleeënheete verpasst, wéi Leit sech herno kënnen am Aarbechtsslieden zrëckfannen.

Dofir schéngt et mer immens wichtig ze sinn, dass mer dee Prozess vir ufänken, an net eréischt mat de Leit kucken, wa se sollen an d'Aarbechtsslieden erakommen, wéi een dat da ka bewerkstelligen. Oft hunn déi Leit dann och niewent deene physeschen an aneren Handicapen, déi se hunn, relativ grouss Ängschten a Barriären ze iwwerwannen, ier dass se emol selwer sech capabel fillen an dat Selbstvertrauen hunn, fir an den Aarbechtssektor ze goen. Dat könnte mer hëllefen ofbauen, wa mer eng seriö Integratioun géifen am Schoulberäich vum fréisten Alter u maachen.

An ech muss soen, net nëmmen déi Artikelen, déi een elo an de leschten Deeg an der Press konnt liesen, mä och Informatiounen, déi engem ëmmer erëm zu Ouere kommen, dass Kanner net zouge-looss ginn a Klassen, dat fannen ech extrem grave hei zu Lëtzebuerg, dass mir nach ëmmer op deem Standpunkt sinn, dass a verschiddene Fäll oder leider a relativ ville Fäll et net méiglech ass eng Integratioun ze maachen. An ech mengen, dat ass awer och ganz vill e Problem vu Kniet, déi an de Käpp vun Inspekteren, Schoulmeeschteren, Gemengeresponsablen an anere sinn, déi mer musse léisen, fir do wierklech endlech op aner Weeër ze goen.

Här President, ech kommen zu menger Konkursioun. Déi nei Evolutioun stelle mer also haaptsächlech och bei dësem Gesetzesprojet um materielle Plang fest. Dat soll een net minimiséieren. Dat ass sécherlech e ganz wichtige Beitrag fir d'Integratioun, déi haut hei gelescht gëtt, mä wann dës Mesuren net begleet gi vu Moossnamen, déi reell am Aarbechtssliede fir eng Integratioun suergen, wann déi Mesuren dozou féieren, dass Leit mat spezifesch Bedürfnissen als eenzeg Alternativ de Secteur protégé hunn, wou et dann en plus och nach Mangel u Plaze gëtt, dann hu mer net gutt geschafft, schlëmmer, dann hu mer eis mam Portmonni laanscht de wierkleche Problem gedréckt, nämlech d'Fro, wéi mir d'Segregatioun um Aarbechtsmaart tëschent sougenannten normalen an den Travailleurs handicapés kënnen ophiewen.

Den Här Meyers hat virdrun de Konvent zitéiert, wou eng ganz Rei vu gudden Texter a Sätz drastinn iwwert d'Gläichstellung an iwwert d'Integratioun. Ech wëll just drop hiweisen, dass mer deemnächst an hoffentlech geschwënn an dësem Haus eis Verfassung änneren, an dass mer do dee Prinzip och wäerten dran aschreiwen. An ech hoffen, dass déi betrafte Leit déi Artikelen oder deen Artikel wäerte benotzen. Wa mer net anescht zu Wee kommen, da muss ee vläicht iwwert d'Verfassungsgericht fir Gläichheet suergen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Merci, Här President. A menger bekanntlech geraffener Riedezäit wëll ech kuerz en Iwwerflug maachen iwwert déi dräi grouss Kapitele vun dësem Gesetz.

1. D'Moossname fir d'Integratioun an d'Reintegratioun an d'Berufswelt. Hei ass et jo esou, dass déi gesetzlech Bestëmmungen erhale bleiwen, déi esouwuel am öffentleche Secteur wéi am Privatsektor e gewëssene Prozentsaz vu behënnerte Beschäftegte virschreiwen. An do ass, dat ass jo e puermol hei betount ginn, eng Sanktioun virgesinn an der Héicht vum halwe Mindestloun, fir all Netastellung am Privatsektor.

Et ass awer och grad esou gutt gewosst, dass déi Astellungsbestëmmungen wäitgehend net agehalen ginn, net nëmme privat, mä leider och beim Stat, an zwar ouni all Konsequenz fir déi Betriber. Dofir gëtt elo fir d'Betriber eng staatlech Partizipatioun um Loun agefouert. Tëscht 40 a 60%, bis elo war se op deem Niveau. Déi kann elo eropgoe bis zu 100%, wat u sech jo och schonn eng relativ diskutabel Moossnam ass. An ech mengen an Zukunft missten zwou Saache garantéiert sinn:

Eischtens missten déi zustänneg Servicer strikt kontrolléieren, ob d'Patronen och alleguerten hiren obligatoresche Quotient vu Behënnerten anhalen, an ech mengen och dobäi de Statsektor, an och déi Geldstrofen, déi am Gesetz virgesi sinn, applizéieren, well et handelt sech jo hei net ëm Klengbetriber, wéi virdrun gesot ginn ass, mä et handelt sech hei jo awer ëm Betriber vun enger gewësser Bedeutung. Et geet bei 25 Beschäftegten un, dat si jo keng ganz kleng Betriber méi.

Zweetens misst awer och garantéiert sinn, dass déi staatlech Partizipatioun um Loun net zevill zu Abüen Ulass gëtt am Interesse vun de Betriber, déi dovunner profitéieren wäerten, well ech mengen, et muss absolut verhënnert ginn, dass et ausgesäit wéi wann déi Leit zum Nulltarif ze kréie wäeren. Wann déi Mentalitéit sech astellt, da bleiwen déi Leit an de Betriber ëmmer dat fënnert Rad am Won, an et dierf net sinn, dass eng Reserv vu bëllegen Aarbechtskräften hei géif ge-

schafe ginn, eleng nëmme fir de Beschäftigungstaux vun de behënnerte Matmënschen an d'Luucht ze setzen.

Här President, et ass e bësse schwéier ze schwätzen, et sinn zimlech vill Geräischer am Sall. Et sinn net vill Leit hei, mä déi, déi hei sinn, maachen ëmsou méi Kaméidi. Merci fir Är Opmierksamkeet.

Ech mengen, en héije Beschäftigungstaux huet nëmme Sënn, wann deene Behënnerten och kënnen Aarbechtsplazen ugebuede ginn, déi hinnen eng sënnvoll Beschäftigung ginn, an eng Beschäftigung un där se och selwer Freed hunn.

2. D'Fro vun den Ateliers protégés. Bei deenen Ateliere handelt et sech jo ëm Institutionen, wéi déi um Kräizbiere, oder vun der APEMH an och nach eng Partie anerer, déi Aarbechtsplazen ubidden fir déi Leit, déi um normalen Aarbechtsmaart net oder nëmme schwéier kënnen ënnerkommen. Si hunn och d'Verflichtung, an dat steet am Gesetz, d'Reintegratioun an den normalen Aarbechtsmaart ze förderen, wann dat méiglech ass. An der Praxis fannen awer esou Reintegratiounen, hunn ech mer soe gelooss, nëmme relativ selte statt, a si fanne virun allem da statt, wann déi Interesséiert selwer aktiv an déi Richtung schaffen. Et stellt sech also de Problem an den Ateliers protégés vun der Ausbildung, déi dacks zevill betriebspezifesch organiséiert ass, dacks ass et och vläicht néideg fir dat esou ze organiséieren, mä et sinn och allgemeng Bildungselementer do dran, déi awer herno dobaussen net unerkannt ginn. Et gëtt keng Equivalenz zum Beispill zu staatlchen Diplomer. Et steet och näischt doriwwer am Gesetz. Ech fannen et misst och eng gewëssen Ausbildungsflucht doranner stoe fir d'Betriber an do ass nach villen ze maachen an Zesummenaarbecht mat der Education nationale.

Nei an deem heite Gesetz ass, an ech mengen, dat ass jo déi wichtigst Neierung, dass déi Leit an den Ateliers protégés iwwerall an Zukunft de Mindestloun wäerte kréie fir déi Stonnen, déi se do schaffen. An d'Aarbechtszäit ginn agerechent déi pedagogesch an therapeutesch Moosnamen, an heiansdo och esouguer de Wee op d'Aarbecht, wann dee laang ass. De Stat iwwerhëlt do d'Käschten. Dat ass ouni Zweifel, Madame Minister, eng Moosnam, déi ze begréissen ass.

Ech hat ee Moment d'Impressioun, wéi wann am Artikel 1 net kloer wier, dass deene Leit, déi nëmmen zäitwäitgesch schaffen, e puer Stonnen, oder nëmmen halleftaags, hire Loun géif opgestockt ginn op Héicht vun deem Revenu minimum garanti fir Behënnerten, vun deem ech herno nach schwätze wäert. Et ass mer verséichert gi virun der Sitzung, dat wier iwwert den Artikel 26 geregelt. Ech huelen dat zur Kenntnis. Esou direkt gesinn ech de Lien net, mä wann dat d'Volontéit ass vun der Regierung, dat och esou ze applizéieren, mengen ech, misst een och hei dovunner ausgoen als Législateur, dass d'Gesetz an Zukunft dann och esou ze interpretéieren ass, an dat wäert jo dann och festgehalen ginn am Rapport, an och eventuell déi Erklärungen, déi d'Madame Minister zu deem Punkt hei herno gi wäert.

Ech wëll awer eng Kritik hei maachen un engem Amendement, deen a leschter Minutt hei agefléckt ginn ass, an zwar haten d'Salariatskummere gefuerdert, dass de Stat och soll de Loun iwwerhuelen, wann en iwwert dem Mindestloun läit. Dat hätt erméiglecht zum Beispill an engem gewëssene Mooss eng kleng Karriär opzebauen, déi och der Qualifikatioun Rechnung gedroen hätt, oder zum Beispill der Anciennetéit Rechnung gedroen hätt vun deene Leit, déi an deenen Ateliers protégés schaffen.

Am ursprüngelechen Text stong nämlech, dass déi Institutur missten déi Lounkäschten, déi iwwert de Mindestloun erausginn, och selwer bezuelen. Leider steet elo eppes anescht am Text. Et steet elo dran: Alles wat iwwert de Mindestloun erausgeet, dat ass kee Loun méi, mä dat ass eng Prime.

An et gëtt och betount am Rapport, dass et sech ëm eng Prime handelt, déi vun der ekonomescher Situatioun vun de Betriber ofhänkt, also kee Recht fir déi Betreffen duerstellt, an et schéngt mer aus de Procès-verbaux vun der Kommissioun erauszugeen, dass dat en Uleies war vun eenzelnen Associatiounen, déi vläicht gefaart hu si kënnen, wa se emol eng Kéier e Salaire accordéiert hätten, deen net méi esou licht reduzéieren.

Mä deen Amendement heescht awer an der Praxis, dass mer faktesch aus dem Droit commun vum Aarbechtsgesetz erëm wäitgehend eraus sinn, wou mer awer grad déi Leit wollten dra kréien, well et ass kloer, dass fir déi Leit, déi dann an den Ateliers protégés schaffen, just de Mindestloun bis zur Pensioun als Rémunératioun gëllt. Et ass quasi e Secteur mat blockéierte Léin um ënneschten Niveau.

Ech fannen dat, Madame Minister, prinzipiell keng gutt Léisung. Ech bedauern och, dass an där Fro hei d'Berufskummeren net méi gefrot konnte ginn, dass och de Conseil supérieur net méi gefrot konnt ginn, wou jo awer a verschiddenen Avisé grad gesot ginn ass, et misst méiglech sinn och e Loun ze kréien iwwert de Mindestloun eraus. D'Regierung participéiert och um normalen Aarbechtssektor iwwert de Mindestloun eraus, wann se sech um Loun bedeelegt bei de Betriber, sou dass ech mer hätt kënnen virstellen, dass dat och hei hätt kënnen méiglech sinn.

Ech hätt och gären e bësse méi genau Opschloss iwwert déi ekonomesch Hannergrënn vun esou Décisiounen. Ech hätt gären Opschloss driwwer, wéi dee Secteur vun den Ateliers protégés sech soll zu Lëtzebuerg weiterentwickelen. Ech hunn nämlech anzwoosch gelies, dass do sollen 200 Aarbechtsplaze geschafe ginn opgrond vun enger Konventioun, déi de Familljeministère ofgeschloss hätt mat enger Rei vun Organisatiounen oder Associatiounen. Sinn dat der elo nëmmen aus dem net lukrative Beräich? Ëm wat fir eng Zort Associatiounen oder Betriber handelt et sech déi an Zukunft wëllen op deem Gebitt schaffen?

3. D'Allocation pour personnes gravement handicapées an d'Indemnité d'attente: Dat ass eng weider Neierung, quasi den RMG fir schwéierbehënnert Leit, wou awer déi normal Bedingung vum RMG ewech falen, wéi dass d'Situation de fortune vum Stot géif gekuckt ginn. Dat heescht, deen RMG gëtt quasi en individuell Recht fir all eenzel Persoun, wat jo absolut ze begreifen ass mat där Aschränkung natierlech, dass d'Successioun laut Gesetz awer da muss de ganzen RMG zrëckbezuelen an der Héicht vum Actif vun der Successioun, ausser dass iwwer Règlement grand-ducal, deen eis awer net virläit, annehmbar Grenze geschafe ginn, déi vergläichbar si mam normalen RMG.

Ech bedauere perséinlech, dass net op deem RMG Pensionsbeitrëg bezuelt ginn, déi e Recht op eng Pensioun géife schafen, eventuell an Zesummenaarbecht mat anere geschafften Zäite vu virdrun.

Nei am Text ass och, dass déi aarbechtsfäeg Behënnert Recht op déiselwecht Indemnitéit kréien, wa se keng Aarbecht fannen. Ech hunn dat scho virdrun ugedeit. Si mussen dann awer bereet sinn zu all Moment an en Atelier protégé schaffen ze goen. Et gëtt gesot, et géif kee Lien hei mam Gesetz iwwert d'Beruffsinvaliditéit ginn, mä mech géif awer mol interesséiere wéi vill ehemaleg Beschäftegter als Demandeur d'emploi ageschriwwen sinn, déi weder eng Invalidérent

kréien nach ënnert d'Gesetz vun der Berufsinvaliditéit falen, wat jo virun engem Joer geschafe ginn ass, awer krankheetshalber hir Aarbecht verluer hunn. Kënnen déi Leit praktesch forcéiert ginn - theoretisch ass dat no deem Gesetz hei méiglech - an en Atelier protégé fir de Mindestloun schaffen ze goen, woubäi jo eigentlech kloer ass, dass déi Leit u sech invalide au sens de la loi sinn, well si kënnen jo net méi um normalen Aarbechtsmaart schaffen? Si kréie just net hir Invalidérent, well se an deene Fall d'Stagebedingungen net méi erfëllen, dat heescht an deene leschten dräi Joer net méi ee Joer geschafft ze hunn. Ech froe mech, ob net grad fir déi Leit misste vill méi flexibel Konditiounen geschafe ginn, wat d'Zouerkenntnis vun enger Invalidérent ugeet.

Ech hat och d'lescht Joer beim Gesetz iwwert d'Beruffsinvaliditéit d'Fro vu méi largen Iwwergangsbestëmmungen opgeworf. Ech fannen, et misst do zu enger Regularisatioun vu gewëssenen Härtefall kommen. Och misste mir onbedéngt hei an der Chamber nach en Débat virun de Wahlen hunn iwwert d'Ausleeung vun deem Gesetz iwwert d'Beruffsinvaliditéit.

Zum Schluss wëll ech soen, dass ech dat Gesetz hei trotz gewësse Kritikke stëmme wäert, well et d'Situatioun vu ville Behënnerten, déi an den Instituts protégés schaffen oder schwéierbehënnert sinn, ouni Zweifel léist, mä ech mengen awer dass fir eng wierklech Unerkennung an eng komplett gesellschaftlech Prise en charge vun der Situatioun vun deene Leit, och vun den Aarbechtsaccidentéierten an den Invaliden, et nach e wäite Wee ass, mä dass mer dee Wee onbedéngt mussen ufänken an de Schoulen, an der Primärschoul, am Secondaire, wou ganz gezielt a substanzieell Moosname fir eng reell Integratioun vu behënnerte Kanner misste getraff ginn, Moosnamen, déi awer bal komplett feelen, wéi iwwerengens virdru scho ganz kloer hei gesot ginn ass a wéi och viru Kuerzem an engem Communiqué vun deenen interesséierten Organisatiounen ze liese war.

Schlussendlech wëll ech nach, quasi am Intérêt de la loi, Här President - meng Riedezäit ass scho bal iwwerschrott -, eppes soen zu deem, wat d'Madame Rapporteur virdru gesot huet iwwert déi Erreur matérielle. Et ass esou, dass am Artikel 41.7 e Renvoi gemaach gëtt op een Artikel vum Code des Assurances sociales, deen den Numéro 171.19 géif droen. Or, esou en Artikel gëtt et nach net am Code des Assurances sociales menger Meinung no, well mir hu jo eréischt en neien Artikel 171.17 geschafe mat deem heite Gesetz, sou dass logescherweis dee Renvoi misst geschéien op den Artikel 171.17.

Ech hu virdru mat der Madame Minister geschwat, déi gesot huet, dat géif kontrolléiert a wann néideg och rektifizéiert ginn. Ech ginn dovun aus, dass dat méiglech ass, dass dat eng normal legislativ Method ass fir dat nach herno kënnen ze änneren. Wann dat de Fall ass, dann däreft dat jo kee Problem duerstellen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Familljeministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech muss soen, datt haut eigentlech e ganz schéinen Dag a mengem politesche Liewen ass, och wann et relativ spët ass an net zu där beschter Sendezäit.

(Interruptions)

Zwee wichteg Gesetzesprojete leie vir, fir gestëmmt ze ginn, Projeten, déi mir wierklech um Häerz leien. Dat ass eng Kéier de Projet iwwert d'Gewalt an de Familljen an de Projet iwwert d'finanziell Ofsécherung vun eise behënnerte Matmënschen.

Ech soen dofir jiddferengem e grouse Merci deen zu deem Gesetzesprojet bäigedroen huet. Dem President vun der Kommissioun, dem Här Halsdorf, a selbstverständlech der Rapportrice, der Madame Marie-Josée Frank, awer och dem Statsrot, deen eis duerch säin zweeten Avis complémentaire gehollef huet, datt dat iwwerhaupt méiglech ass, alle Mataarbechterinnen aus dem Ministère, der Chamber an der Fraktioun, an lech virun allem, Dir Dammen an Hären Deputéierten a Fraktiounschefen, déi et méiglech gemaach hunn, datt mer nach virun der Vakanz des Projete kënnen stëmmen. Sécherlech wäerten déi betraffe behënnert Leit an hir Familljen lech dat net vergiessen.

Här President, ech hat d'Chance an deene leschte Joren eng ganz Partie vu groussen a wichtige Projeten, meeschtens an der Unanimitéit, sou wéi et och fir dese Projet ausgesäit, vun lech gestëmmt ze kréien, Projeten, déi am Interesse vu Behënnerte waren, ob dat Ateliers protégés waren, ob dat Altersheimer waren oder och vill aner Projeten. Dat war méiglech virun allem well déi finanziell Situatioun am Land gutt war, selbstverständlech, mä et war awer och well de politesche Wëllen do war, fir dat ze maachen. Dat war an alle Regierungen, an deenen ech bis elo d'Chance hat dobäi ze sinn, an ech hoffen dass dat an Zukunft och esou bleift.

Am Joer vun de Mënsche mat enger Behënnung ass dat heiten ouni Zweifel ee vun deene wichtigste Projeten. D'Zil vum europäesche Joer ass, fir d'Rechter vun de Leit mat enger Behënnung bekannt ze maachen a virun allem awer och fir se konsequent duerchzeféieren. D'Akommissioun ze regelen ass e wichtige Schrëtt fir d'Chancégläichheet vun de betraffene Leit an hire Familljen. An deene leschten zéng Joer huet sech e grouse Paradigmewissel an der europäescher an och an der nationaler Politik fir behënnert Mënsche gemaach. Ech wëll profiléiere fir an de grouse Linnen des Entwécklung duerstellen, well mir wäerte jo nach Geleeënheet kréie méi am Detail dorobber anzegeen, wa mer déi verschiddenen Interpellatiounen hei wäerten diskutieren.

Dese Gesetzesprojet an aner Efforten an deem Beräich kann ee besser verstoen, wann ee weess, wat an deene leschte Jore changéiert huet. An de 70er an an den 80er Jore war d'Haaptzil déi behënnert Leit ze rehabilitéieren. Dofir goufe spezifesch Aariichtungen geschafen, fir hinnen déi beschtméiglech Liewenskonditiounen ze bidden, zesumme mat enger adäquater Therapie. Domat goufen awer och déi gesellschaftlech Tendenzen verstärkt, d'Leit mat enger Behënnung aus den allgemenge Strukturen, wéi d'Schoulen oder dem Aarbechtsmaart eraus ze huelen a si a spezialiséiert Zentre mat ausgebiltem Personal ënnerzebréngen an do betreien ze loosse.

Mir sinn aus dem Fleege- a Versuergungsmodell aus de 40er Joren iwwergaangen an d'Behandelen an an d'Kompenséiere vun den Defiziter. De Bléck war ausschliesslech op d'Behënnung geriicht an net op d'Barriären, déi ronderëm d'Behënnung bestinn.

Haut gesi mer dat aneschtens, a mir sinn all gefuerdert eis Responsabilitéit ze huelen. Net nëmmen duerch Gesetzer, an net nëmmen eng Regierung an d'Chamber hunn eng Responsabilitéit, mä jiddferee muss hëllefen d'Barriären, déi mer dacks aus Onwëssenheet an onbewosst ëm d'Leit mat enger Behën-

nerung opgeriicht hunn, erëm ofzebauen. En däitsche Sproch seet: Wir sind nicht behindert, wir werden behindert. Ech denken domadder verstie mer all, wat gemengt ass.

Opgrond vun de Mënscherechter si mer verpflichtet deene behënnerte Leit esouwäit wéi et geet en normalt Liewen ze erméiglechen, an dat net nëmmen aus karikaturen oder Solidaritéitsgedanken. Den Artikel 13 aus dem Amsterdamer Vertrag hat eigentlech des Approche nach méi festgehalen fir géint d'Diskriminatioun vizegoen, ënner anerem och géint déi vun der Behënnung.

Vill gouf opgebaut fir de wichtige Besoine vun de Leit mat enger Behënnung nozekommen. Ech denke besonnesch och un den Asaz vun den Eltere vu Kanner, déi behënnert sinn, an un all hir Associatiounen, déi sech vill dorëmmer beméit hunn. Si sinn den Owend och vu bal alle Riedner hei positiv ervirgestrach ginn a si verdéngen eisen Dank an eis Unerkennung.

Hir Suerg deemools wéi haut war et: Wat geschitt mat eise Kanner wa mir net méi do sinn? Wie vun eis kann des Suerg net novollzéien an och mat spieren! 1992 gouf de Programme national an 1997 de Plan d'action national en faveur des personnes handicapées ugeholl, wou e kohärent Konzept fir d'Integratioun vun de Leit mat Behënnung definéiert ginn ass, an dat bis haut och nach seng Aktualitéit huet.

Ech wëll e puer Punkten opzielen. Ech denken zum Beispill un d'Deentralisatioun vu behënnerte Leit am Centre hospitalier neuropsychiatrique vun Ettelbréck. Ronn 30 Leit mat enger Behënnung konnte mat Hëllef vun den ONGen déi lescht Jore vun Ettelbréck a méi eng kleng a familiär Struktur goen, an an deenen nächsten zwee Joer wäerten nach eng Kéier 30 Leit kënnen do fortgehall ginn.

Doriwwer eraus huet awer och den CHNP sech spezialiséiert am Beräich vum Handicap. Mat vill Kompetenz an Asaz gëtt aus där reng medezinescher Approche op d'Kompetenze vun de behënnerte Leit gesat, well et ass och wichtig niewent de privaten Träger öffentliche Strukturen ze hunn, déi sech ëm behënnert Leit këmmen, wou dacks bei d'Behënnung nach eng psychesch Krankheet dobäikënn.

Mat der Diversificatioun vun de Servicer wëlle mer dozou bäidroen, datt Leit mat verschiddene Behënnungen eng komplett Betreierung hei zu Lëtzebuerg kréien. Mir hunn zënter 1995 ronn 140 nei Plazen an de Wunn- an an den Dagesstrukture geschaf. Zousätzlech goufen och Plaze geschaf an de Formatiounsstrukturen, an den Ateliers protégés an och am Freiförderdénsgsch.

Am Kannerberäich si mer mam Averständnis vun Ministère vun der Education nationale a vun der Sécurité sociale amgaangen e Pilotprojet ze maachen, deen zum Zil huet d'Vernetzung an d'Koordinatioun vun de Servicer an Hëllef ronderëm dat behënnert Kand a seng Famill méi optimal ze gestalten. Dese Projet geet nach bis d'nächst Joer a soll Opschloss ginn iwwer noutwendeg Moosname fir d'Kanner an iwwer Hëllef fir hir Familljen déi nach gebraucht ginn.

Säit 1998 goufen iwwert déi verschidde Gesetzer vum Plan pour l'emploi jährléich 50 Poste fir behënnert Leit beim Stat geschaf. Doduerch si bis elo 250 zousätzlech Leit nom Statut vum Travailleur handicapé beim Stat agestallt ginn. Ech denken, dass vläicht elo de gudd Moment kommt wier, fir op alleguerten déi Froen an och déi berechtigt Kritikke vu bal allen Deputéierten anzegoen, wat d'Quoten ubelaangt a wat d'Zuelematerial ubelaangt.

Ech sinn haut den Owend an der Situatioun, datt ech mer Äschen op

de Kapp leeën an zouginn, datt mer wierklech keng fiabel Zuelen doriwwer hunn. Mir mussen, net zulescht och iwwert dat Gesetz, wat awer net a menge Kompetenze läit, mä wou dat awer festgeschriwwen ginn ass, iwwert d'Invaliditéit, endlech kucke gewuer ze ginn - wëssend, dass mer ongeféier 2.900 Travailleurs handicapés am Lëtzebuerger Land hunn -, wou datt déi Leit alleguerten dru sinn; dat muss dann och nozevollzéie sinn. Do huelen ech all Mea culpa op mech, fir ze soen, datt mer dat effektiv musse kucken.

Ech wëll elo direkt dobäi soen - an et huet keen dat gesot; ech weess net, ob Der lech net getraut hutt oder ob Der wierklech gemengt hutt, dat wär einfach esou, datt mer ni och déi Suen akloe gaange si bei d'Betriben -: De Grond ass deem, well de Stat selwer, an ech wëll net an de Sall kucke fir bei de Gemengen nozefroe wéi et do ausgesäit, huet bis haut seng Quoten net erfëllt. Ech soen lech ganz éierlech, ech géif mech schumme fir bei e Privatpatron Sue froen ze goe fir Obligatiounen, déi ech als Stat selwer net erfëllt hunn. Dat verhénnert awer net, an do ginn ech der Madame Wagener Recht, datt ee muss doriwwer nodenken.

Mir hunn déi Quoten net einfach esou wëllen eraussträiche mat deem '91er Gesetz, wat elo ofgeschaf gouf, mä ech mengen awer, datt mer laangfristeg eis musse Gedanke maachen, ob een se an där Zuel kann dora stoe loosse oder awer wat een op där anerer Säit eventuell och ka maachen, fir méi Incitatiounen ze maachen. Den Här Meyers huet zum Beispill dru geduecht, datt een dat och duerchaus duerch Actions positives an de Betriben, wat fir mech eng sympathesch Iddi ass, kënnt maachen.

Ech muss op där anerer Säit awer och soen, datt wahrscheinlech vill Leit ënnerschätzen, wat ee mat behënnerte Leit fir eng Aarbecht gemaach kritt. Et ass jo erstaunlech, datt zënter deem éischte Plan pour l'emploi, wou mer déi 50 Leit virgesinn hunn, mëttlerweil esou gutt d'Statsverwaltungen, wéi d'Regierungsadministratioun, wéi awer och d'Etablissements publics - ech wëll dat elo net esou soen - awer wierklech frou sinn, wa se vun deene 50 Leit, déi mer jähresläng astellen, Leit fir hir Betriben kréien.

Et ass also net esou, datt déi Leit dann net kënnten an deene Betriben, wou se hikommen, schaffen. Si si vläicht net an der Méiglechkeet, fir all Aarbechten ze maachen, mä ganz vill Leit, déi eng Behënnerung hunn, kënnen duerchaus eng ganz gutt Aarbecht maachen. A wann Der eng Kéier bei mech an de Betrib kommt, da gesitt Der, datt mer an der Réceptioun eng Damm hunn, déi daf ass - si ass net stomm, mä si schwätzt däitsch -, an datt mer och en anere Mann hunn, dee behënnert ass, deem Der dat eigentlech emol net ofgesitt.

Ech wëll domadder weisen, datt et Beispiller gëtt, datt duerchaus déi Leit amstand sinn eng ganz valabel Aarbecht ze maachen a wéi gesot, zënter datt jiddferen déi als Surnuméraire, wann ee wëllt, dobäi kritt, ass och jiddferen gäre bereet fir se ze huelen. Esou datt ech mer ka virstellen, datt wa mer an normale Betrib op 100% eropgi vun deem wat et kascht, an do sinn ech e bëssen erstaunt, dass den Här Urbany dat net esou schrecklech gutt fënnt, datt mer dat bezuelen, dann hoffen ech domadder wierklech och, datt eng ganz Partie Leit zousätzlech do eng Aarbechtméiglechkeet kréien.

Verschiede geziilt Informations- a Sensibilisatiounscampagnë goufen am Laf vun deene leschte Jore gemaach, an och dorobber ass hei higewise ginn, an ech mengen och, dass dat richteg war. Ech denken zum Beispill un eng Broschür iwwert d'Annonce vun der Behënnerung bei der Gebuert vun engem Kand.

Dës Broschür wenn sech besonnesch un d'Dokteren an un d'Leit, déi an de Gesondheetsberuffer schaffen, an och do war relativ vill Kritik, well jo och jiddferen wouss, datt hien dat richteg géif maachen a jiddferen wouss, datt dat alles ganz gutt géing goen, awer ganz vill Eltere soe komm sinn: „Dat war schrecklech wéi mer héieren hunn a wéi mer matgedeelt kritt hunn, datt mer e Kand hätten, wat eng Behënnerung hätt, well mer et net wouss, wéi d'Kand op d'Welt komm ass.“ Dir gesitt also, datt een heiansdo Saache muss maachen, vun deene jiddferen am Fong mengt, datt et sënnslos wier a jiddferen säi Beschäftig géif maachen.

Et ass och hei geschwat ginn iwwert d'Barrierefreiheit, a mir haten elo viru Kuerzem e Séminaire am Saarland, zesumme mat der saarlännescher Ministerin, iwwer barrierefreien Tourismus. Zënter Jore si mer amgaang d'Accessibilitéit vu Fräizäit- a kulturelle Siten am SaarLux-Gebiet, net am LorLux-Gebiet, well an der Lorraine hu mer ni en Usprechpartner dofir fonnt, fir behënnert Mënsche méiglech ze maachen, an elo si mer amgaangen ze kucken datselwecht ze maache fir den Tourismus, wat d'Hotelen an d'Restauranten ubelaangt.

Et ass sécher interessant ze héieren, datt d'lescht Joer an Däitschland ongeféier zwou Milliarden Euro vu behënnerte Leit ausgi si fir Tourismus. Déi Leit wiere bereet gewiescht nach méi Suen auszegeen, wa se Plaze fonnt hätten, déi accessibel gewiescht wieren.

Ech mengen, mir als SaarLux-Géigend wäer gutt beroden do an Zukunft drop ze setzen. Dat si Leit, déi ganz dacks an der Niewesaison ginn, wou mer also och kënnen den Tourismus zu Lëtzebuerg ausbauen a wou och ouni Zweifel eng ekonomesch Komponent fir eist Land mat dran ass.

Et ass des Öfteren de Mëtteg hei drop higewise ginn, datt zënter dem Mäerz 2001 d'Gesetz iwwert d'Accessibilitéit fir d'offentlech Gebaier a Plazen a Kraaft ass. Och dozou wëllt ech soen, datt mer eis net drop beschränkt hu fir dat Gesetz ze maachen, mä mir hunn e ganz décken Dossier ausgeschafft, dee besonnesch fir déi Professionell aus der Baubranche, ob dat d'Architekten oder d'Ingenieure sinn, ausgeschafft gouf, an deem och vu jiddferengem Einzelne ka beim Info-Handicap gefrot ginn, wou een ënner anerem gesäit wat fir eng Feeler datt ee ka maachen, mä wou een och gesäit wéi een et ka richteg maache fir zum Beispill säi private Logement, mä awer och Geschäfte a Restaurant behënnertegerecht anzeriichten.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt och dem Conseil supérieur des personnes handicapées eng legal Basis ginn - a mer hu well zënter 1998 eng Restrukturëierung gemaach -, wou mer elo majoritaire d'Associatiounen vun a fir behënnert Leit an dësem Gremium hunn, wat och wichteg ass, fir datt se och do kënnen hiert Wuert matschwätzen.

Sécher bleift nach vill Aarbecht ze maachen a mir mussen nach vill Ustrengunge maachen, an dat ass och vu jiddferengem haut de Mëtteg hei gesot ginn, fir de Prinzip vum Mainstreaming an all Instanzen dranzehuelen, déi fir bestëmte Beräicher zoustänneg sinn. An ech wëll do zum Beispill nëmmen, awer nëmme just als Beispill, och dee ganze Bausecteur huelen. Wann et net an eise Käpp dran ass fir iwwerall dat ze maachen, da wäerten och an der Zukunft nach méi Beispiller virkommen, wou dës oder déi Administratioun, oder och aner Haiser, net esou gebaut ginn. Mä mir mussen verhénnen, datt déi behënnert Leit aus eiser Gesellschaft ausgeschloss ginn. An esoulaang wéi mer net esouwäit awer op där anerer Säit sinn, brauche mer och an deenen nächste Joren nach spezifesch Strukturen fir behënnert Leit.

Ech wëll nach eng Kéier dat soen, wat ech anscheinend 1991 gesot hat, Här Lux, ech hunn et net méi nogelies: Déi beschët Gesetzer hëllef awer näischt, wa se net duerch och laangfristeg Aktiounen ëmgesat ginn, déi och vun der Allgemengheet gedroe ginn. Dofir musse mer eis elo an deenen nächste Jore geziilt Informatioun a Sensibilisatioun maachen, fir d'Barriären an eise Käpp ofzebauen. Nëmme wa mir eis Viruerteiler opginn, wäerte mer et all fäerdeg kréien, d'Kompetenz vun de Leit mat Behënnerung ze notzen, hir Differenze souwéi déi och vu villen anere minoritaire Gruppen als Räichtum vun eiser Gesellschaft unzegesinn.

Eng Gesellschaft, déi méi op Besoinë vun de behënnerte Leit ageet, ass eng Gesellschaft, an där et fir jiddferen besser ze liewen ass, ob dat de materiellen Zougank betrëfft oder awer och d'Toleranz an de Respekt ee vis-à-vis vun deem aneren.

Dës Gesetzprojet, deem Der haut diskutéiert hutt, a wéi et schéngt och wëllt stëmmen, ass d'Resultat vun där neier Entwécklung an der Politik fir behënnert Leit. D'Haaptzail vun dësem Projet ass de soziale Statut vun der behënnerten Persoun ze regelen an ze valoriséieren. Déi behënnert Persoun gëtt eegestänneg a si kritt individuell Sozialrechter. De soziale Statut vun jiddferengem Einzelnen gëtt nach ëmmer staark iwwer seng Aarbecht definéiert. An dofir probéiere mer och esouwéi wéi méiglech, Leit mat enger Behënnerung och eng Aarbecht ze ginn. Mir hunn de Begrëff vum Atelier protégé wäitgefaasst a Bestëmmunge virgesinn, wat zum Beispill d'Aarbechtszäiten ubelaangt, fir och deene groussen Ennerscheeder vu Behënnerung Rechnung ze droen.

D'Aarbechtsrecht fir Mënsche mat Behënnerung gëtt duerch zwee Deeler complétiert. Éischters fir Leit, déi net oder nach net um éischten Aarbechtsmaart sinn, eng Plaz ze fannen, an dofir an engem Atelier protégé ze schaffen. An zweetens fir Leit, déi opgrond vun hirer Gesondheet an hirer Behënnerung weder um Aarbechtsmaart nach an engem Atelier protégé kënnen schaffen, en Akommes ze garantéieren. Leit déi nach schaffen kënnen an de Statut vum Travailleur handicapé hunn, déi onofhängeg vun hirem Wëllen an hire Faegkeete keng Aarbecht fannen, kënnen de Revenu de remplacement kréien, wa si keen anert eegent Akommes hunn.

D'Gesetz vum Emploi protégé vun 1991 gëtt vun dësem Projet iwwerholl an ausgebaut. Am Gesetz vun 1991 ware wéi gesot Quote virgesinn, esougutt fir de Stat wéi fir d'Gemengen an och d'Privatpatronen, an ech hunn lech elo grad well gesot, datt se bis haut net applizéiert goufen. Mir hunn ongeféier 3.000 Leit déi de Statut vum Travailleur handicapé hunn zënter 1992. An de Mëtten hat awer ee gefrot, ech weess net méi wien dat war, wéi vill Leit elo am Chômage wieren oder agedroe wieren. Et si ronn 300 Leit vun deene ronn 10.000, déi agedroe sinn als Leit déi eng Aarbecht sichen um Aarbechtsmaart, déi de Statut vum Travailleur handicapé hunn, an een Drëttel vun hinne sinn a Beschäftigungsmoosnamen. Ausserdeem schaffen ronn 500 Leit mat enger Behënnerung an den Ateliers protégés.

Mir hunn 2001 eng Bestandsopnahm gemaach a festgestallt, datt 200 zousätzlech Ateliersplaze géife gebraucht ginn. De Moment sinn dës Leit nach an de staatlchen oder private Formationsservicer. A mir hunn och, datt ass richteg hei gesot ginn, mat verschiddene privaten Organisatiounen Bautekon-

ventionen gemaach, fir eben déi Ateliers protégés ze kréien. Et handelt sech reng ëm A.s.b.l. an Leit déi aus dem net lukrative Beräich sinn, wat, denken ech, och déi meescht vun lech net wäert verwinne. Mir hunn déi Ateliers awer nach net direkt zur Verfügung. Eng Partie sinn amgaang gebaut ze ginn duerch d'Land, mä, wéi gesot, de Moment si se nach net zur Verfügung.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt et also méiglech, staatlch Hëllef beim Salaire vu 60 op 100% eropzesetzen, an de Stat ka sech jo finanziell bedeelege fir eben d'Aarbechtsplaz behënnertegerecht anzeriichten. Opgrond vun dem Engagement an der Innovatioun vun den Organisatiounen fir behënnert Leit, déi probéiert hunn eng Äntwert op d'berufflech Integratioun ze fannen, gouf eng gesetzlech Regelung awer néideg. Bis elo hat keen uniforme Charakter bestanen an déi meescht Leit, déi an den Ateliers protégés schaffen, hu kee Statut vum Salarié. Si sinn am Statut vum RMG oder si si Rentner. Hiert Akommes ass keng Pai fir hire geleeschten Effort, mä eng Indemnisation eigentlech fir hir Onfäegkeet ze schaffen. Besonnesch schwieereg an diskriminatoresch war d'Situatioun vun deene Leit, déi an den Ateliers protégés geschafft hunn an déi weder an deem engen nach an deem anere System déi legal Konditiounen erfëllt hunn an doduerch iwwerhaupt näischt zegutt haten. Eng eenzeg ONG hat bis elo hire Leit de Statut vum Arbeitnehmer ginn.

Dëst Gesetz soll der behënnerten Persoun erlaben an Aarbechtskonditiounen ze schaffen, déi méiglechst no beim Aarbechtsmaart sinn. Nëmme esou kann den Atelier protégé seng Roll als Formatiouns- an als Transitiounsstruktur erfëllen. D'Aarbechtsrecht soll ugewannt gi mat verschiddenen Aménagementen, déi de Schwieeregkeeten an de Besoinë vun de Leit mat enger Behënnerung Rechnung droen. De Loun gëtt bezuelt opgrond vun der Presenz am Atelier protégé, an net opgrond vum Rendement. Dëst zielt virun allem fir Leit mat schwéieriger Behënnerung, déi nëmme minimal Aarbechtsfäegkeeten hunn.

Mir hunn dat gemaach, an do gouf elo d'Fro gestallt, firwat datt mer an den Ateliers protégés net op de Wee gaange si fir nach zousätzlech méi héich Paië kënnen ze ginn. Dat ass selbstverständlech all Mënsch fräigestallt an den Ateliers protégés, mä de Risiko hätt bestanen, datt domadder eng ganz Partie vu Behënnerten ausgeschloss gi wieren, fir datt eben de Rendement och do méi héich gewiescht wier an datt déi Ateliere Geschäfte gemaach hätten. An dofir huet d'Familljekommissioun a laangen Diskussiounen, denken ech, zu Recht gesot: Et muss een iwwert de Wee goen, wann déi Atelierer méi Revenu maache wéi deen dee se selwer brauchen, datt se dann de Leit Primé ginn, mä datt et net automatesch op eemol zu Schwieeregkeete féiert wou herno keng Gelder méi do sinn an d'Leit dann eigentlech an eng falsch Bunn domadder geleet ginn.

E wichtegen Aspekt, wéi gesot, vun dësem Projet ass d'Roll vun dem Atelier protégé als Transitiounsstruktur. Dat éischt Zil ass eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmaart déi muss ugehall ginn, wann d'Aarbechtsamt an den Atelier protégé der behënnerten Persoun se ubitt. Déi behënnert Persoun an den Atelier protégé engagéiere sech och dofir an dem Aarbechtskontrakt. Den Emploi protégé gëtt duerch dëst Gesetz e vollwärtegt Element, fir zousätzlech Aarbechtsplaze fir behënnert Leit unzebidden.

Ëmmer erëm stellt sech d'Fro, an haut de Mëtteg hu mer se och dacks hei héieren, vun der totaler Integratioun op den éischten Aarbechtsmaart, mat dem Verzicht op den Emploi protégé, fir Chancé-

gläichheet ze erreechen. Ech denken, datt dat ganz luewenswäert ass an datt dat och an der Theorie ganz schéin ass, mä datt d'Realitéit awer aneschtens ausgesäit an et do vill méi schwieereg ass. Dat net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä generell ass d'Beschäftigung um éischten Aarbechtsmaart mat 3% an der ganzer EU geschätzt.

Mir mech ass et wichteg, datt an dem Emploi protégé sënnsvoll Aarbechte gemaach ginn, déi der Gesellschaft och nützlich sinn a gebraucht ginn. Ech denken u Restauranten, ech denken u Parken an u Anlagen, déi an der Rei kënnen gehale ginn, ech denken drun datt och aner Produktiounen kënnen gemaach ginn. Nützlich Aarbechte fir d'Gesellschaft ass wichteg, och fir d'Dignitéit vun de behënnerte Leit.

Esou grouss wéi d'Diversitéit vun de Behënnerungen ass, mussen och d'Äntwerte fir d'Aarbechtméiglechkeeten sinn.

(Coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- D'Madame ass gläich fäerdeg. Ech géing ëm Är Opmierksamkeit bieden, wann ech gelift.

■ Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*. - O Mamm, Kanner Gottes. Ech entschëllege mech. Ech halen direkt op, Här President. Ech hat net gesinn, datt ech esou laang geschwat hätt.

Ech wëll just nach soen, datt awer och deen zweeten Deel e wichtegen ass, an dat ass datt mer déi Rechter schafe vun dem RMG, an ech wëll net méi drop agoen, well ech ewell esou laang iwwert d'Zäit sinn.

Ech wëll just deene Kollege soen, déi doranner Schwieeregkeeten hate fir ze verstoe wéi dat géif goen: Selbstverständlech gëtt érischt bei der behënnerten Persoun, déi den RMG oder de Revenu de remplacement kritt huet, wann déi behënnert Persoun selwer stierft, gekuckt bei der lerschaft, souwéi bei allen anere Leeschtungen, och deenen déi iwwert de Fonds de solidarité bezuelt ginn, ob dat och richteg ass a wéi vill datt dovun de Stat erëm froe geet oder net erëm froe geet. Ech gesinn net a firwat datt et do aneschtens soll gehandhaabt ginn. Wann ech als al Joffer stierwen, an de Fonds de solidarité huet fir mech bezuelt, da gesinn ech net a firwat datt fir d'éischt mol soll meng Famill do ierwen, ier déi aner Steierzueler hir Suen erëm kritt hätten.

Ech géing wëllen dem Här Urbany merci soe fir d'Prézisioun, a mer wäerten nokucken, ob mer do e materielle Feeler dran hunn. Wann dat de Fall ass, da wäerte mer dat selbstverständlech redresséieren.

Fir de Rescht entschëllegen ech mech. Dir hätt mech éischter sollen drop opmierksam maachen, dass ech esou laang geschwat hunn.

Ech soen lech villmools merci.

■ M. le Président.- Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Discussion générale ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4827 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 47 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kënnen dann elo zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de virleiden Gesetzesprojet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Jo-

sée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Fred Sunnen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming-er (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Marco Schroell), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motions

Da komme mer zu deenen zwou Motiounen. Déi éischt gouf vum Här Jaerling agereecht. Dir hutt se schrëftlech virleien an et ass och Stellung dozou geholl ginn. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen. Ass e Vote électronique verlaangt?

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, mir haten de Vote électronique verlaangt.

■ M. le Président.- De Vote électronique ass also verlaangt a mir stëmmen of iwwert d'Motioun 1.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 34 Nee-Stëmmen, 8 Jo-Stëmmen a 17 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Norbert Hauptert), Marcel Sauber (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming-er (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bo-

dry) et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Da komme mer zur Motioun 2 vun der Mme Renée Wagener.

■ Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG).- Entschëllegt, Här President, ech verlaangen och de Vote électronique, well ech weess guer net wéi d'Majoritéit sech hei wëllt verhalten. Ech hat awer geduecht, dat wier e Punkt, wou mer relativ grouss Eenegkeet hätten.

■ M. le Président.- Mir maachen dann e Vote électronique.

Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wëll just soen, dass ech all Versteesdemech hu fir Motiounen, déi hei abruecht ginn an all Demanden, déi gemaach ginn. Mä wann d'Regierung dat mécht wat se an deene leschte Wochen hei opgefuerdert ginn ass u Recherchen, Konklusiounen, Analysen, Observatoiren, Etüden a Rapporten, ...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert verlaangt an en huet et kritt, an déi aner solle roueg sinn an nolauscheren.

Här Weiler!

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Ech géif, Här President, den Här Krecké bidden esou fein ze si mat mir wéi ech haut de Mëtteg mat him war.

(Hilarité)

Also, Här President, ech wollt soen, wann d'Regierung alles dat mécht wat se an de Motiounen opgefuerdert gëtt u Recherchen, Konklusiounen, Analysen, Observatoiren, Etüden a Rapporten, an dann erëm Rapporten iwwert d'Etüden an Etüden iwwert d'Rapporten, da ka se net méi dozou komme fir iergendeppes ze maachen.

(Interruptions diverses)

■ Une voix.- Dat heescht mir maachen elo keng Motioun méi bis d'nächst Joer!

■ Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG).- Här President, ech sinn elo nach méi erstaunt, wéi ech et scho war, well d'Madame Ministesch virdru gesot huet si géif Äschen op hiert Haupt streeën, well do e Manktum géif bestoen. An dofir hätt ech am Fong erwaart, dass eng Eenegkeet do wär fir an d'Richtung ze goe vun deene Punkten, déi an där Motioun hei stinn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Wann Der scho Bedenken hutt, da wär ech frou gewiescht, wann een déi Motioun hei hätt kënnen an d'Kommissioun verweisen, fir dass mir eis weínegstens inhaltlech kënnen domat ausenarnersetzen, eng inhaltlech Diskussioun, déi jo anscheinend am Zoustand vu verschiddene Leit, déi heibanne sinn, net méi méiglech ass.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir sollt vum Zoustand vun Ärem Fraktiounspresident net op déi aner schléissen!

■ M. François Bausch (DÉ GRÉNG).- Här Di Bartolomeo, Dir hätt besser gehat, Dir wäert e bësse méi fréi am Frankelach gewiescht. Dat hätt lech bestëmmt gutt geden.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir schwätzt ganz doruechter!

■ M. le Président.- Ech hunn d'Gefill, dass de Rouleau elo geschwënn ofgelaf ass. Ech mengen, mir sollen awer elo seriö hei viru-

maachen, fir dass mer eis Projeten zu Enn kréien.

■ M. Serge Urbany (déli Lénk).- Här President, ech hunn elo Zweifel wéi wann déi Motioun do net géif gestëmmt ginn. Wann déi Motioun do net gestëmmt gëtt, da muss ech allerdéngs soen, dann hunn ech Zweifel wat d'Ausféierung vun deem dote Gesetz ugeet. Well dat ass grad d'Quintessenz vun deem wat Der hei diskutéiert hutt, dass mer emol gäre Statistiken hätten iwwert déi reell Integratioun vun de Leit, dass mer gäre Kontrollmechanismen hätten, dass mer eventuell och gären eng Evaluatioun hätten, ob déi Sanktiounen, déi am Gesetz stinn, duer ginn. Dann huet dat Gesetz vun deem Joer deeseweichte Sort wéi dat vun 1991. Dat ass awer da sécher. An da froen ech mech firwat ech iwwerhaupt fir dat Gesetz hei gestëmmt hunn.

■ M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass verworf mat 32 Nee-Stëmmen a 25 Jo-Stëmmen bei enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming-er (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenu: M. Jacques-Yves Henckes.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4801 iwwert d'Violence domestique. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Schank, déi Dammen Nagel an Err, den Här Colombero an d'Madame Wagener.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- De ganze Mëtteg waren d'Sozialisten esou roueg, op eemol si se erëm wakereg. Et ass komesch!

■ M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, ech géing ëm Är Opmierksamkeet bidden an erwaarden e bëssen Disziplin, well an 12 Stonne musse mer schonn erëm hei sinn. Muer de Moien um néng Auer musse mer eng nei Sit-

zung ugoen. Mir sollen dofir net zum Schluss vun dëser Sitzung ufänken esou en Tächelmächtel opzeféieren.

D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

7. 4801 - Projet de loi sur la violence domestique portant modification 1) de la loi du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police; 2) du code pénal; 3) du code d'instruction criminelle; 4) du nouveau code de procédure civile

Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine

■ Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Europa schätzt een, dass all Dag eng vu fénnef Fraen der Gewalt ausgesat ass, an éischer Linn der häuslecher Gewalt. No enger amerikanescher Etüd stellt de familiäre Kader de gréisste Risikofacteur duer, wat d'Gewalt géint d'Fraen ugeet. Dës Etüd, wéi vill anerer, kennt zur Konklusioun, dass de Problem weltwäit deeselwechten ass. D'Gewalt an der Famill existéiert an all sozialem Milieu, an all Kultur, an all Altersgrupp.

D'Gewalt doheem, och wa se déi heefegst Form vu Gewalt géint d'Fraen duerstellt, ass awer och déi, déi am mannste sichtbar ass. Obwuel d'Offentlechkeet an d'Politik sech ëmmer méi fir dese Phänomeneen interesséieren a sech géint d'Gewalt doheem ausschätzen, ass de Sujet nach relativ rezent. D'Violence domestique ass laang Zäit als Privatsaach ofgestempelt ginn a war deementspriedend en Tabuthema.

No kanadeschen Expäre fënnt d'Gewalt an der Famill hir Ursach ënner anere an der Ongläichheet tëschent de Geschlechter. D'Bild, dat eis Gesellschaft nach ëmmer vun der Fra huet, dréit zu dëser Situatioun bai a verleet esou munche Mann ze denken, hien hätt d'Recht Gewalt géigeniwwer senger Fra unzewenden. Dëst erkläert och firwat eis Gesellschaft bis viru kuerzem d'Ae virun der häuslecher Gewalt zou gemaach huet.

D'Zäiten hu sech awer geännert. D'Gewalt doheem huet de Wee bis an d'Offentlechkeet fonnt, a vill Deklaratiounen, Resolutiounen a Recommandatiounen vun deene leschten zwanzeg Joer, sief dat um internationalen oder europäeschen Niveau, hunn zum Thema „Gewalt doheem“ Stellung geholl. D'Gewalt géint d'Frae géill hautdesdaags als eng Verletzung vun de Mënrechte, déi absolut inakzeptabel ass.

D'Deklaratioun vum europäesche Parlament vum 11. Juni 1986, wéi och d'Deklaratioun vun der Generalversammlung vun der UNO vum 20. Dezember 1993, oder d'Recommandatioun vum Ministerrot vum Conseil de l'Europe vum 30. Abrëll 2002 si ganz explizit.

D'Gewalt doheem gëtt ugepranger an d'Regierung sinn opgefuerdert déi néideg Moossnamen ze ergräifen, fir méi effikass géint d'häuslech Gewalt virzegoen. Verschidden europäesch Länner, wéi zum Beispill Frankräich oder Éisträich sinn dese Recommandatiounen no komm an hunn hire juristesche Kader op d'Particularitéiten vun der Gewalt doheem ofgestëmmt.

D'Regierungen an d'Offentlechkeet si sech ëmmer méi iwwert dat, wat um Spill steet, bewosst. D'Gewalt doheem stellt eng Eerausforderung fir d'Gesellschaft duer, op déi kurzfristig eng adequat Äntwert fonnt muss ginn. Déi häuslech Gewalt huet net nëmme schwéierwiegend Konsequenze fir déi betreffen

Affer, mä och e groussen Impakt op d'Gesellschaft selwer. D'Gewalt doheem, déi kascht och Suen. Am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Violence domestique am Joer 2001 hat ech a menger Ried op eng Etüd vun der Universitéit Freiburg iwwert de finanziell-ekonomeschen Aspekt vun der Gewalt opmierksam gemaach. No dëser Etüd, déi nach ëmmer aktuell ass, géif déi häuslech Gewalt all Joer d'Schwäiz 400 Milliounen Schwäizer Frang kaschten. Dat meescht Geld gëtt dobäi net emol fir Preventioun ausginn, mä fir d'Folgekäschte vun der Gewalt doheem, an dobäi sinn nach nëmme d'öffentlech Gelder a Betruecht gezu ginn. Wat d'häuslech Gewalt deen eenzelnen oder all Betrib kascht, ass net abegraff.

Et gi keng prezis Statistiken, wat d'Gewalt géint Fraen ugeet. International Etüd schwätze vu 17 bis 34% vun de Fraen, déi der Gewalt vun hirem Partner ausgesat sinn, an dat ass nëmme d'Spëtzt vum Äisberg. Schliesslech komme jo nëmme déi Fäll un d'Dageslicht, an deenen d'Affer de Courage hatten an d'Offentlechkeet ze trieden. E groussen Deel vun de Fäll bleift awer am Donklen an ass néierens opgezeechent.

Ee vun de Grënn ass deen, dass an eiser Gesellschaft, trotz enger rezenter Prise de conscience, nach ëmmer vill Leit mengen, d'Gewalt géint d'Frae géif et doheem net ginn oder et wär zumindest net esou schlëmm, wéi et verschidentlech duergestallt géif ginn. Et gëtt och eng Vielfalt vun Definitiounen, wat dat Ganz net méi einfach mécht. Et geet awer aus den allermeeschten Etüden iwwert dese Phänomeneen ervir, dass d'Gewalt géint Fraen, virun allem déi sexuell Gewalt, d'Tendenz huet zouzehuelen.

Vun all de Forme vu Gewalt ass d'Gewalt an der Famill awer déi am mannsten akzeptabel, well d'Famill fir jidderee vun ons den Inbegrëff vu Sécherheet a Gebuergeheet ass. Et ass sécherlech och, well mir dese Mythos vun der Famill net wëllen zerstëieren, andeems mir agestinn, dass a ville Familljen d'Gewalt agezunn ass an dass mir Schwierigkeeten hunn, d'Gewalt an der Famill an an der Partnerschaft unzeerkennen.

Zu Lëtzebuerg si sech déi politesch Verantwortlech och am Laf vun deene leschte Jore bewosst ginn, dass ee misst um Plang vun der Preventioun a virun allem um Niveau vun der Reaktioun op häuslech Gewalt méi aktiv gi wéi bis elo.

Fir d'CSV-DP-Regierung sollt een den Affer vun häuslecher Gewalt, an dat sinn net nëmme Fraen, mä och Kanner, eeler, wéi och handicapéiert Leit, e bessere Schutz garantéieren. An der Regierungserklärung vum August 1999 steet, dass eis Legislatioun an déi Richtung ofgeännert soll ginn, dass den Täter d'Familljeweinnung verlooosse muss. D'Regierung huet sech hei um éisträichesche Gesetzgeber inspiréiert. An Éisträich géill zënter 1997, dass den Täter aus der Wunneng geholl ka ginn. Dës Wegweisung erspuert de Kanner, déi schonn duerch Gewaltzeenen doheem traumatiséiert sinn, vill weidere Misär. Si brauchen net méi mat hirer Mamm vun doheem fort ze goen an an eng aner Émgéigend ze plënnere, an eventuell och nach an eng aner Schoul ze goen.

Dës Moossnam soll et der Fra erlaben, eng Décisioun ze treffen, wat hir Zukunft ugeet. Et ass oft d'Angscht, alleng mat hire Kanner op der Strooss ze landen, déi vill Fraen dovunner ofhält eng Plainte ze déposéieren. Si fille sech komplett alleng gelooss a wëssen oft net u wie se sech wende sollen, obscho Strukturen do sinn, déi si kéinte beroden an och eventuell ophuelen. Wa si d'Garantie kréien, dass net si mä den Täter aus der Wunneng goe soll, hu si dee groussen Problem vum Logement emol